



oft iwwregens, souguer méi zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner.

Dofir Merci fir Är Zoustëmmung zu dësem Text.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Justizminister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6752 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6752 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruptions)

An d'Ofstëmmung ass eriwwer. Mir maachen déi Korrektiounen, déi noutwendeg sinn.

De Projet ass bei 54 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiuonen ugeholl. Mir komplettéieren dat.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6752 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Gilles Roth), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter

(par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Claude Haagen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Guy Arendt);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes

Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.


Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lech villmools Merci.

Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer. Merci.

(Fin de la séance publique à 18.08 heures)



SÉANCE 36

JEUDI,
21 MAI 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6709 - Projet de loi modifiant
 - la loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;
 - la loi modifiée du 30 mai 2005 portant
 - 1) organisation de l'Institut luxembourgeois de régulation;
 - 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
- 6710 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel
 - Rapport de la Commission de l'Économie: M. Frank Arndt
 - Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Frank Arndt (dépôt d'une motion), M. Max Hahn (M. Roy Reding pose une question), M. Gérard Anzia, M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie
 - Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)
- 6704A - Projet de loi portant modification de l'article 108 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain
 - Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Claude Haagen
 - Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Gast Gibéryen
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Dan Kersch, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - E schéine gudde Mëtten. Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wirtschaftsminister. Dat ass dann notéiert a mir géifen dann direkt zu eise normalen Ordre du jour iwwergoe mat de Projekte 6709 a 6710, Projeten, déi den Elektresch-a Gasmaart concernéieren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, zesumme fir déi zwee Projeten. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den honorabelen Här Frank Arndt. Den Här Arndt ass schonn do.

2. 6709 - Projet de loi modifiant

- la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;

- la loi modifiée du 30 mai 2005 portant

1) organisation de l'Institut luxembourgeois de régulation; 2) modifi-

cation de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

6710 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi an der Conférence des Présidents festgehalten, wäert ech elo a mengem mëndleche Rapport déi zwee Projet-de-loien zesumme presentéieren.

Déi zwee Gesetzer betreffen eisen Energiesecteur. Deen éischte Projet de loi mat der Nummer 6709 betrëfft d'Organisatioun vun eiselektrizitéitsmarché an deem zweete mat der Nummer 6710 betrëfft eise Marché vum natierleche Gas. Déi zwee Gesetzesprojete goufe vum Ekonomieministère den 30. Juli 2014 an der Chamber déposéiert. De Projet de loi betreffend d'Organisatioun vun eiselektrizitéitsmarché ännert och d'Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert d'Organisatioun vum Institut luxembourgeois de régulation.

Ze bemierken ass, dass déi zwee Gesetzer keng finanziell Auswierkung op de Statsbudget hunn. D'Ekonomieskommissioun huet déi zwee

Gesetzesprojeten an de jeeweilege Versammlungen zesumme verschafft. Déi éischt Sëtzung war de 4. Dezember 2014, wou mäi Parteikolleeg Claude Haagen als Rapporteur genannt gi war, eng Woch drop hunn ech déi Missioun iwwerholl.

► **Une voix.** - Esou schnell geet et!

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Vun deenen eenzelne Berufschambere si ganz vill Iddie virgeschloe ginn, déi deelweis net all op d'ärselwechter Wellelängt louchen. An eise Sëtzunge goufen d'Meenungen an d'Iddie vun de jeeweilege Berufschamberen analyséiert a verschafft.

De Statsrot huet de Gesetzesprojet den 11. November 2014 fir d'Éischt aviséiert. Zweemol goufen Amendementer gemaach, soudatt déi lescht Oppositions formelles mam Avis vum 3. Abrëll konnt en erausgeholl ginn.

Mëttlerweil ass et wierklech dréngend ginn, dass mir dese Projet vum Gesetz hei an der Chamber stëmmen, well mer schonn den Délai de transposition iwwerschritt hunn an eng Procédure de mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun ageleet kritt hunn.

Dës Texter komplettéieren déi europäesch reglementaresch Rahmbedéngunge betreffend déi gemeinsam Klima- an Energiepolitik. Et soll och op europäescher Ebene e gemeinsame reglementaresche Kader entstoen, dee sech fir d'Promotioun vun der Energieeffikassitéit asetzt an dat gemeinsam agesatent Zil duerchsetzt, bis 2020 d'energetesch Effikassitéit ëm 20% eropzesetzen.

An anere Wieder solle mat dese Gesetzesprojeten déi aktuell bestoend Hürden opgehewe ginn, soudatt ee gemeinsam op europäeschem Niveau d'Zilsetzung vun enger besserer Versuergung an Energieeffikassitéit duerchsetze kann. Dat heescht jo dann och, dass mir wëllen eng gemeinsam europäesch Energiepolitik gestalten. D'gesamt Energieaspuernis, dat vum Verdeeler bis zum Endverbraucher geet, soll 1,5% vum jährlechen Energievolumen ausmaachen. An dat elo emol bis 2020. Sou gesäit et d'EU-Direktiv vir.

D'betreffend Betriber kënnen dës Aspuernisser bei sech maachen oder bei den Zwëschenhändler maachen, also bei hiren Zouliwwerer. Wéi vill een aspuere muss, hänkt dovun of, wéi grouss de jeeweilegen Undeel um Maart ass. D'Aspuernis muss gemaach ginn, soss si Strofe fälleg, mä fir et méi flexibel ze gestalten, kann dee Betreffenden Defiziter oder Iwwerschëss vun engem Joer an dat anert mat eriwuerhuelen. Den Defizit muss dann awer an den nächste véier Joer kompenséiert ginn.

D'Direktiv léisst och Spillraum bei der Ëmsetzung, zum Beispill bei der Kooperatioun zwëschene nationalen Autoritéiten, wéi déi vun dem ILR an dem Justizberäich.

D'Mandatsdauer vun de Conseilsmemberen aus dem ILR gëtt op zwee Mandater limitéiert an och hir Onofhängegkeet soll verstärkt ginn an d'Prozedur vum Iwwerdenke vun enger Entscheidung vereinfacht ginn.

Ee vun den Haaptpunkte vun der europäescher Direktiv ass et, de Konsument oder den Endverbraucher matanzebannen an d'Ëmsetzung vun

der Energieeffikassitéit. Sou solle sougenannt „compteurs intelligents“ oder „intelligent Zähler“ am Neibau oder a bestoende Gebaier agebaut ginn. Sou gesäit de Konsument genau, wéini a wou een d'Energie benotzt huet. Dës kann him hëllefen, säi Verbräucher-verhalen esou ze änneren, dass hien um Enn Energie spueren kann.

Natierlech muss een an deem Beräich oppassen, dass d'Date vum Konsument net vun deem, dee se ofliest, mëssbraucht ginn a géint deejeinege benotzt kënnen ginn. An deem Kontext soll gesot sinn, dass een d'Bedenken iwwer esou intelligent Zähler verstoe kann, mä am Generelle sinn esou Compteuren eng gutt Saach, well déi vill positiv Elementer déi negativ iwwerweien.

Et war ee sech och eens an der Ekonomieskommissioun, dass bei finanziell schwache Stéit, sougenannten „clients vulnérables“, opgepasst muss ginn, dass dës Mesurë si net beläschten.

Och war sech d'Kommissioun eens, dass d'Energielandschaft hei zu Lëtzebuerg sech an engem Wandel befënnt, an dat ass jo awer och näischt Neies, an dass Energieeffizienz näischt aneres bedeit, wéi dass mat wéineg Energieopwand e groussen Notzen ze erreechen ass. Geet de Bedarf u Stroum a Wärmt nämlech erof, hëlt domadder och déi néideg Energieproduktioun of an dat féiert automatesch derzou, dass den Ausstouss vun CO₂-Emissiounen verréngert gëtt an de Verbräucher dofir manner héich Energierechnungen ze bezuelen huet.

Och si mir an der Kommissioun iwwerzeegt, dass dës awer nëmme ka geléngen, wa jiddweree säi Bäitrag leescht, dass heescht dohem a sengem Haus, mä och allgemeng, bis hin zu de Ministère, well soss sinn all dës Klimaziler net ze erreechen. Genausou kloer ass et awer och: Ouni Effizienz an Energiespuerprojete bleift dee wirtschaftleche Wuesstumspotenzial fir eis Wirtschaft op der Streck.

All weider Detailler zu dese Projet-de-loie kënnst Dir an deenen zwee schrëftleche Rapporten ermëffannen, ermëfflesen. Ech wëll vun dëser Säit virun allem der Kommissioun Merci soen, de Beamten aus dem Wirtschaftsministère, dem Sekretariat vun der Kommissioun fir déi exzellent Zesummenaarbecht. An deem Sënn Merci nach eng Kéier!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Félix Eischen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, well et sech passt a well et och gutt war, e grouse Merci un de Rapporteur fir säi Rapport.

An dësen zwee Gesetzesprojete geet et ëm déi national an europäesch Klima- an Energiepoli-



tik, d'Energieeffikassitéit an dorëms, wéi eng Ziler bis 2020 ze erreeche sinn. Dës zwee Gesetzesprojete setzen d'Direktiv 2012/27 an nationaalt Recht ëm a féieren e puer Neierunge fir d'Marchéë vum Gas a vun der Elektrizitéit an.

Den Hauptvolet ass d'Obligatioun vun der Energieeffikassitéit, déi bis 2020 europawäit ëm 20% soll erhéicht ginn. Fir dat ze erreechen, soll also den Endconsommateur méi staark agebonne ginn. Dat geschitt, andeems hien an Zukunft detailléiert iwwer seng Consummatioun an iwwer seng Käschten informéiert gëtt. Bei deem Punkt kommen also déi sougenannt „intelligent Miesser“, déi „smart meters“ an d'Spill. Si erlaben et dem Endverbraucher, genee ze verfollegen, zu wéi engem Zäitpunkt a fir wat fir eng Zwecker hie wéi vill Strom oder Gas benotzt huet a wat et en dann och kascht.

D'Zil ass, dass d'Endverbraucher - dat si souwuel d'Privatstéit, dass mer eis richtig verstinn, also déi résidentiel, wéi och déi fonctionnel, also och d'Entreprises - realiséieren, wat wat kascht, sech doduerch am Idealfall also méi intensiv mat der Consummatioun beschäftegen an dann och e Bewusstssäin fir den Energieverbrauch esou kréien. D'Consummatioun soll also méi sensibel gemaach ginn, si soll, fir et emol esou ze soen, analytesch an d'Käpp erakommen, et soll konkret ginn. D'Leit solle sech bewusst sinn, wéi vill et zum Beispill doheim kascht, wann een dann de Stand-by un der Tëlee uléisst 24 op 24 Stonnen oder ze vill waarmt Waasser beim Spulle benotzt gëtt, an esou weider, an esou weider.

Eng vun den Hauptmesurë vun dësen zwee Gesetzesprojeten, fir d'Zil vun enger méi héijer Energieeffikassitéit ze erreechen, sinn also déi Miesser do. An zu deenen „smart meters“ gëtt et eng Rei vu Prezisiounen. De Virriedner ass drop agaan, den Här Arndt, si dürfen also net an d'Privatsphär vun de Leit agräifen an zu Sammlunge vu Privatdate verkommen. Dat schéngt evident ze sinn.

Déi Miesser, sou intelligent wéi se och solle sinn, mussen sech op déi reng technesch Donnéeë beschränken. Et darf net sinn, dass déi Donnéeën zu aneren Zwecker wéi der renger Energieeffikassitéit gebraucht ginn. Och sollen déi technesch Informatiounen gratis sinn a soumadder och all Bierger, deen en intelligente Miesser a sengem Haushalt huet, et erméiglechen, Konkusiounen aus senge Rechnungen ze zéien an eventuell Spuermesuren dann ze ergreifen.

Et ass net oninteressant ze soen, dass ab dem 1. Juli 2016 all nei installéierte Miesser en intelligente soll sinn. Bis Enn 2018 solle 95% vum elektresche Verbrauch a bis Enn 2020 90% vum Gasverbrauch intelligent gemooss ginn.

Et läit op der Hand, dass et dës Mesurë fir eng méi héich Energieeffikassitéit dann och net fir näischt gëtt. Dat huet e Käschtepunkt. A fir eis als CSV ass et wichteg ze betounen, dass d'Käschten, insbesonnesch fir den Endverbraucher, esou niddreg wéi méiglech sollen awer gehale ginn.

Dowéinst kann ee sech froen, inwiefern gestaffelt Tarifier fir d'Clienten eng Méiglechkeet kéinten duerstellen, fir engersäits de Verbrauch ze reduzéieren an anersäits déijéineg Verbraucher ze belounen, déi zu enger méi héijer Energieeffikassitéit bäidroen.

Et soll een awer am Kontext vun der Energieaspuerung - an dat zielt net nëmmen hei an der Diskussioun ronderëm d'Smart-metern, mä iwwerhaupt - deene méi kritesche Stëmmen, déi hei en héijen Invest zum Beispill beim Bau allgemeng bekloen, well jo och elo vun dësem Joer un AB a vun 2017 un AA muss gebaut ginn, entgéinthalen, dass et déi 20 Joer duerno de Bewunner vum Haus oder vum Appartement méi bëlle gëtt. E kuerzfristegt Denken ass beim Sujet vun der Energieaspuerung ganz dacks e falscht Denken. Ee méi deieren Invest gëtt op laang Siicht méi bëlle gëtt.

A rezent Studie weisen et och. Mir hunn net méi spéit wéi haut de Moien an der Kommissiounssëtzung nach doriwwer geschwat, dass et an de leschte Joren, an de leschte sechs, siwe Joren duerch d'Ëmdenken, duerch d'Anescht-Bauen, duerch d'Sanéieren, duerch en aneren Esprit méiglech war, wäit iwwert d'Halschent vun der Consummatioun am Résidentiel anzespueren. Dat kënnt net nëmmen eiser Ëmweltbilanz zegutt, mä och dem Portmonni vum Endverbraucher. De Smart meter ass also e Puzzlestéck vun deem Ganzen.

Elo kann deen Einzelnen aspueren - mir kréien awer och ëmmer méi Eenzelner an d'Land! Och dat muss ee soen. Hei zu Lëtzebuerg si mer do atypesch. All Joer komme graff gesot

10.000 Leit bäi. Dat ass zéngtausendmol méi Konsum! A well Lëtzebuerg an deem Punkt atypesch ass, ass et en onwahrscheinlechen Challenge, déi global Consummatioun erofzesetzen. Et ass scho bal en Challenge, fir se ze halen.

Villes vun deem, wat elo scho gesot gouf a wahrscheinlech och nach wäert gesot ginn, gëllt also insbesonnesch fir d'Privatstéit. Mä bei deene ganzen Diskussiounen ëm d'Effikassitéit darf een awer och net vergiessen, dass d'Energie e wichtege Facteur vun eiser nationaler Ökonomie ass, an dat fir alleguerten d'Akteuren dobaussen. Dobäi denke mer besonnesch natierlech un déi kleng an un déi mëttelständeschen Betriber, fir déi de Käschtepunkt vun der Energie ganz dacks en héijen Ausgabeposten ass.

Mä souguer an deene Betriber oder an deene Secteuren, wou een am éischten Ablack vläicht géif denken, dass de Käschtepunkt Energie vläicht net esou wichteg ass, schwätzt d'Banken- an d'Finanzplaz, gëtt awer den Energieverbrauch en ëmmer méi wichtege Punkt. Insbesonnesch déi sophistiquéiert Infrastrukturen, zum Beispill Datenzentren an esou weider, si ganz riseg Stromfréisser.

Aus deem Grond darf een ni vergiessen, dass bei allen Efforten, fir den Energieverbrauch ze reduzéieren, eis Ökonomie an d'Kompetitivitéit net sollen dorënner leiden. Hand an Hand goen ass hei ganz wichteg. Also, de Strom- an de Gasliwwerant, deen opgefuert gëtt ze spueren, muss kucken, wéi en dat mécht, och mat den Akteuren aus der Ökonomie, déi eben Energie brauchen. Hei ass et ganz wichteg, un enger intelligenter Win-win-Situatioun ze schaffen.

Fir dat Zil vun enger 20%eger Erhéijung vun eiser Energieeffikassitéit bis 2020 ze erreechen, soll et och an Zukunft zu energeteschen Audite kommen - dat ass ze begrëssen! - wéi och zu Quote fir d'energetesch Renovatioun vu Gebäier an effentlecher Hand.

D'Zil vun den Energieaspuerungen ass ganz héich. Dofir sief gesot, dass net nëmmen déi direkt Aspuerunge vun den Energieversuerger do mat eraflëssen, mä dass och d'Energieaspuerunge vun Drëttentreprisë mat an déi Rechnung flëssen. D'Konditiounen sinn, dass ëmmer kloer kontraktuell Obligatiounen tëscht Energieversuerger an Drëttentreprisë bestinn an dass déi Obligatiounen novollzéierbar an och ganz transparent sinn, dat vis-à-vis vun allen Akteuren an och vum Endverbraucher.

Am Résumé bleift Folgendes ze soen, Dir Damen an Dir Hären, Här President: D'Direktiv 2012/27, déi d'Basis fir dës zwee Gesetzesprojeten ass, huet als grouss Neierung d'Aféierung vun Obligatiounen, wat d'Energieaspuerung betrëfft. D'Zil vun enger Aspuerung vun 20% bis 2020 ass net bindend, dat heescht, d'Europäesch Kommissioun kann e Memberstat net virun den Europäesche Gerichtshaff zitëieren am Fall, wou déi Ziler net sollten oder net kéinten agehale ginn.

An awer versteet et sech vum selwen, dass mer all eist Bescht sollte ginn, fir dës ambitiéis Ziler ze erreechen, eleng schon, fir méi onofhängeg vum Ausland ze ginn, mä awer och fir der nächster Generatioun kënnen ze weisen, dass mir eis druginn an dass eis vill dru geleeën ass, den Energieverbrauch esou intelligent wéi méiglech ze halen.

Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadde den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Eischen. An elo hu mer erëm den Här Frank Arndt am Asaz. Dës Kéier mat enger anerer Kap?

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Jo, mat enger anerer Kap. Ech géif just gären dem Här Wiseler d'Motioun ginn, fir ze ënnerschreien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, jo, kee Problem. Et ass just e bëssen onorthodox, mä bon!

(Hilarité)

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Ech sinn heiansdo méi onorthodox.

Bon, no deem klengen Exkurs, Här President, Dir Damen an Dir Hären, dann nach eng Kéier: D'Energieandschaft an Europa befënnst sech an engem Wandel, dat ass näischt Neies. Den Ausstieg aus der Kernenergie, de weideren Ausbau vu regenerativen Energien an op laang Siicht déi geplangt Reduzéierung vu fossilen Energieträger bedeit en Ëmdenken an eiser Notzung vun deene begrenzte Ressourcen, déi mir hunn.

Ech mengen och, dass mir eis alleguer eens sinn, dass niewent dem Émbau vun eiselem Energiesystem natierlech och d'Steigerung vun der Energieeffizienz e wesentleche Bestandteil vun

engem Ëmdenken an der Energiepolitik muss sinn.

Och bezweifelt keen, dass all Energie, déi mir net verbrauchen, u sech déi sënnvollst Energieaspuern ass. Mä all technesch Lösungen a politesch Kompromisser notzen näischt, oder ganz wéineg, wann d'Leit se dobaussen net matdroen.

Energieeffizienz ass e Motor fir de Fortschritt an e Motor fir d'Investier, dat wäert jo sécherlech keen ofstreiden. Onnéidegen Energieverbrauch bedeit jo nëmmen zousätzlech Käschten an domadder och en erhiefleche Wettbewerbsnodeel, well et d'Energiepräisser an d'Luucht dreift an domadder d'Versuerungssécherheet och nach a Fro stellt. All Kilowattstonn, déi net verbraucht gëtt, muss jo och net produziéiert ginn. Dofir ass de Schlëssel, fir dass mir en Ëmdenken an der Energiepolitik kënnen erreechen, dat Einfachst an dat Effikass, nämlech Energie spueren.

Erlaabt mer, hei eng Studie ze ernimme vum Fraunhofer-Institut, déi weist, dass europawäit bis 2050 wäit iwwert d'Halschent u Primärenergie kann agespuert ginn, ouni e Komfortverloscht a Kaf ze huelen. Dës Studie seet och, dass all Produktioun vun enger Kilowattstonn Endenergie duerschnëttlech dräimol esou deier ass wéi d'Vemeidung vun hirem Verbrauch. Mir brauche manner Importer. All Tonn Uelech, all Kubikmeter Gas, dee mir net brauchen ze importéieren, mécht eis onofhängeg am weltwäite Wettbewerb ëm dat ëmmer méi Knappgi vu fossile Brennstoffe.

Mä wou kënne mir nach Energie aspueren an domadder eis Energieeffizienz verbessern? Maech denken un d'Energiespueren doheim. En nohaltegen Émgang mat der Energie fänt doheem un. Ech wouss zum Beispill net, dass dat stroumintensivst Gerät an engem Haushalt an der Moyenne d'Heizungspompe ass. Ech denken och, dass der vill heibanne sinn oder dass ech net deen Eenzege sinn, deem dat net esou als solches bekannt war. An Däitschland ass bewise ginn, dass duerch den Abau vun enger neier Heizungspompe an engem Véierpersounenhaushalt plus minus 120 Euro Stromkäschten am Joer kënnen agespuert ginn. Ech denken, dass dat e konkret Zil kann a misst sinn, esou Pompelen an all Haushalt hei am Land ze installéieren.

Beispillsweis léisst sech och duerch eng optimal Dämmung vun Daach a vu Wänn déi Wäermt, déi do ass, beschtméiglech notzen. Gradesou wichteg si gutt isoléierend Fënsteren, am beschte mat Dräifachverglasung. Doriwwer eraus kënne mir mat modernen Heizungsanlagen klimafrëndlech Energie hierstellen. Sou gëtt mat Hëllef vun effiziente Brennwärtekesselen den Energieverbrauch vun Uelech a Gas bal ganz an notzbar Wäermt ëmgewandelt. Besonnesch klimaschounend sinn Heizungen, déi mat erneierbare Brennstoffe wéi Holzpellets schaffen. Ee weidere Virdeel vun dësen nowuessende Rohstoffe: Si kënnen aus eiser Regioun kommen.

Eng grouss Energieeffizienz garantéieren och Miniblockheizkraaftwierker, déi ënner anerem mat Biodiesel, Biogas oder Holzpellets bedriwwen kënne ginn. Si maache Strom an notzen déi Hëtzt, déi do entsteet, fir Gebäier ze hëtzen. Doduerch erreeche se e Wirkungsgrad vu bis zu iwwer 95%.

Ëmweltfrëndlech heize léisst sech awer och mat enger Wärmepompe. Dës Pompelen entzëien der Émgegend, dem Buedem, der Loft oder dem Grondwaasser Wäermt a maache se fir eis notzbar. Och mat méi spuersamen Haushaltsgeräte wéi Frigoen, Spullmaschinen oder Wäschmaschine vum der Energieklass A kënnen esou bis 40% u Strom a 60% u Waasser gespuert ginn.

Mä mindestens esou wichteg wéi déi richtig Technik ass eist perséinlecht Verhalen. Hei gëtt et einfach, awer effizient Spuerméiglechkeeten, wéi de Verzicht op onnéidege Stand-by-Betrieb, dorop ze verzichten eben. An Däitschland kéint een ee bestehend Atomkraaftwierk vum Netz huelen, wann d'Leit hir Geräte net déi ganzen Zäit am Stand-by hätten.

Derniewent kënnen duerch den Asaz vun digitalen Thermostaten 30% vun den Heizkäschten agespuert ginn. Bei de Wäschmaschinen heescht et, d'Capacitéit vun der Wäschmaschine, oder de Spullmaschinen, voll auszunutzen.

Wa mir vun Energiespuere schwätzen, mussen mer awer och oppassen, dass déi finanzschwaach Haushalter besonnesch Ënnerstützung brauchen a kréie bei hiren Ustrengungen, wa si wëllen Energie spueren.

Ech maache gären en Exkurs hei, dat geet vläicht e bëssen iwwert dat eraus, wat mer wëlles haten, mä wann ee vun Energieeffizienz schwätzt bis 2020, da gehéieren hei déi verschidden Theme fir mech derzou. Ech denken, dass just si vun deene beschten Energiebe-

rodungsugebueter a vun der Aféierung vu besonnesch energieeffiziente Geräte mussen profitéieren. Jo, dat heescht, mir müssen dofir e Budget virgesinn. Mä ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass mer dat, wat mir do investéieren, mat engem ganz groussen Rendement erëmkreien!

Et kann een haut festhalen, dass mir mat deene Programmen, déi bis elo lancéiert gi sinn, wéi d'Energieberodung, vum Klimapakt bis hin zu den Energieagenturen, um gudde Wee sinn. Energiechecks fir Haushalter, do kommen d'Energieberoder an d'Haiser a ginn Tipps of zum Spuere vun Energie. Ech mengen schon, dass eng Face-to-Face-Berodung déi effikassste Method ass, fir d'Leit vun eisen Ziler ze iwwerzeegen.

Energie spueren an den Uertschaften, Regiounen oder am Land ass och en Deel dovun. Méi Energie spueren ass net nëmmen eng Saach vu jiddwerengem, mä och vun eisen Uertschaften, Gemengen oder vum Stat. Soll net bei de Sanéierungsmoossnamen an de Neibaute gepréift ginn, ob den Asaz vun erneierbaren Energien net zur Pflicht muss ginn?

Oder wéi zu Esslingen, wou aus dem Drénkwaasser Strom gewonnen gëtt! Wéi fonctionnéiert dat? Ech hu mer dat emol um Internet ugekuckt. Bei Fallhéichte vun honnert Meter zwëschen dem Waasserbehälter an dem Punkt vun der Waasserverdeelung kann déi am Waasser gespäichert Energie duerch den Héichtenënnerschied an engem Waasserkraaftwierk genotzt ginn, fir do Strom ze maachen. D'Stadtwerke Esslingen produziéieren pro Joer 750.000 kWh Strom a spueren esou bal 500 Tonnen Kuelendioxidemissiounen.

An de Gemengen, wou mer selwer beträff sinn, oder vill heibanne beträff sinn, sinn 30% bis 50% vum Stromverbrauch op Stroosseluuchten zrëckzuféieren. Ee Grond dofir ass, dass mer deelweis nach ganz al Stroosseluuchtesystemer a Betrib hunn. Mat modernen Natriumhéichdruckluuchten oder...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Da schneit ee se of!

(Hilarité)

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Dat ass zwar net den Thema dovun, Här Gibéryen, mä bon! Mat modernen Natriumhéichdruckluuchten oder Halogenluuchte sinn iwwer 50% vun der Energie ze spueren.

Wandkraaft a Sonnenenergie sinn zwar klimafrëndlech, hunn awer den Nodeel, dass se vum Wieder ofhängeg sinn. Dat ass och de Grond, dass an Zukunft op déi intelligent Netzer zrëckgegraff gëtt, d'„smart grids“. Hei sollen d'Problemer, wéi duerch d'Schwankung, mat Hëllef vu moderner Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie Léisunge fannen. Hei ginn all Akteuren zesumme vernetzt: déi de Strom maachen, de Verbraucher souwéi d'Späichermedien. Ugebuet an Nofro ginn also an Echtzäit openeenofgestëmmt. Et entsteet eng virtuell Energiemaartplaz, op där jiddwereen Energie kafen, awer och verkafen an aspeise kann.

Energie spueren bei der Aarbecht oder an der Produktiounsbetriber: Industriell Produktiounsprozesser verbrauchen oft vill Energie. Ech sinn do iwwerzeegt, dass et nach vill Méiglechkeete gëtt, fir Ressourcen an Energieeffizienz bei der Aarbecht a bei der Produktioun anzespueren.

Ech mengen, dass den Top-Runner-Programm, dee mëttlerweil an iwwer 50 Länner agefouert ginn ass, e politesch Instrument kéint sinn, fir esou eng Steigerung vun der Energieeffizienz erbäizeféieren. Dëst Instrument gesäit vir, dass zu engem bestëmmte Stéichdag eng Iwwersiicht um Maart gemaach gëtt, beispillsweis hei iwwert d'Elektromotoren. Do gëtt dann deen effizientesten ënnert dësen Elektromotoren zum Standard fir dës Branche gesat.

Dës Standard muss dann zu engem gewëssenen Zäitpunkt an der Zukunft erreecht gi sinn, zum Beispill no fënnf, siwen oder zéng Joer. Wann dann een Hiersteller vun dëse Motoren nom Oflaf vun dëser Frist dësen neien Effizienzstandard net erfüllt, sou kann dat fir hien, also den Hiersteller vun dëse Motoren, jee no nationaler Gestaltung vun de Gesetzzer eng Strofzuelung a souguer e Verkafsverbuet no sech zéie fir dës Motoren, déi de Standard eben net erreecht hunn. Esou e Programm huet niewebäi nach ee Virdeel: dass et och eng Weiderentwicklung vu Motoren erméiglecht a weiderdreift.

Energie spueren ënnerwee, och do gëtt et Méiglechkeeten: Klimafrëndlech Undriffs-systemer wéi Elektroautoen, Hybridbusser, Vëloer mat Elektromotor gehéieren haut hei sécherlech derzou. Um Wee an en Zäitalter vun der Elektromobilitéit sinn zwar nach e puer technesch Erausforderungen ze léisen. Beispillsweis mussen d'Capacitéit vun de Batterie verbessert an d'Infrastruktur fir d'Opluedstatiounen ausgebaut ginn. Mä dat heescht natierlech och,



datt mir nach méi Stroum aus erneierbaren Energië musse gewannen, wa mer dat do wëllen, datt Elektromobiler och wierklech eng klimafreundlech Alternativ sinn.

Och d'Afféiere vu Pneue mat geréngem Rollwiderstand, wat jo dann derzou féiert, datt mat deene Pneue manner Sprit gebraucht gëtt, ass jo eng Méiglechkeet. Sou geet aus enger Studie an Europa eraus, datt duerch d'Opleeë vun esou Pneuen an der Moyenne bis 300 Euro pro Auto agespuert kënne ginn. Och seet dës Berechnung, datt duerch de Kraaftstoff, de Bensin also, deen domadder kann - oder de Mazout - agespuert ginn, bis zu 1,3 Milliounen virtuell Autoe manner op de Stroosse géife verkéieren.

Mir mussen eis och eng Méiglechkeet ginn, datt mir dat bis 2020 gesat Zil an deenen nächste Joren am A behalen, an nobesseren, wa mir riskéieren, dëst Zil net ze erreechen.

Dofir, Här President, war ech e klengen Exkurs maachen. Dat hei ass eng Motioun, déi ech wëll erarechen, déi vun sämtleche Parteie mat ënnerschiwwen ginn ass, déi ech de Regierungsvertrieeder da mat op de Wee géif ginn. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'en matière d'économies d'énergie, les projets de loi n°6709 et n°6710 fixent comme objectif maximal de réduction un volume global cumulé de 6.185 GWh à réaliser par les fournisseurs d'énergie électrique et de gaz naturel dans la période allant du 1^{er} janvier 2015 au 31 décembre 2020;

- que cette mesure est prise dans le cadre de la transposition de la directive 2012/27/UE du Parlement européen et du Conseil du 25 octobre 2012 relative à l'efficacité énergétique qui établit un cadre commun pour la promotion de l'efficacité énergétique dans l'Union en vue d'assurer la réalisation du grand objectif fixé par l'UE d'accroître de 20% l'efficacité énergétique d'ici à 2020 et de préparer la voie pour de nouvelles améliorations de l'efficacité énergétique au-delà de cette date;

- qu'en application des paragraphes 2 et 3 de l'article 7 de cette directive, le volume d'économies d'énergie précité a été réduit de 25% par rapport aux exigences de base de cette directive, soit une économie d'énergie de 1,5% par an;

- que le développement rapide des technologies actuelles pourrait éventuellement permettre des économies d'énergie plus rapides, voire plus importantes que celles envisagées dans les scénarios actuels;

- que le Luxembourg possède les atouts nécessaires pour jouer un rôle modèle au niveau européen et ceci notamment en vue de la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'UE au second semestre 2015 et du Sommet mondial sur le climat en décembre 2015 à Paris;

- que conformément à son programme 2013-2018, le Gouvernement entend faire du Luxembourg un pionnier en ce qui concerne l'efficacité énergétique et les énergies renouvelables dans la Grande Région; que, suivant ce même programme, le Gouvernement eut l'intention d'utiliser la transposition en droit national de la directive européenne sur l'efficacité énergétique pour créer un cadre politique, juridique et financier ambitieux afin de faire de l'économie luxembourgeoise progressivement une des économies les plus efficaces en énergie,

invite le Gouvernement

- à évaluer après trois ans les progrès réellement accomplis en matière d'efficacité énergétique et à les comparer avec la trajectoire initialement prévue;

- à augmenter, le cas échéant, notre objectif national d'économie d'énergie en ligne avec des progrès éventuellement plus rapides que prévus par les projets de loi en question.

(s.) Frank Arndt, Gérard Anzia, Gast Gibéryen, Max Hahn, David Wagner, Claude Wiseler.

Also, Energieeffizienz, och am Kontext vun Europa 2020, do gehéieren déi zwee Projeten hei fir mech kloer derzou, mä et geet méi wäit! An ech wollt dee klengen Bäitrag hei maachen.

An ech ginn natierlech och elo hei den Accord vun eiser Fraktioun fir déi Projets de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Arndt. Als nächste Riedner ass den Här Max Hahn ageschriwwen. An Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Éischt géif ech gärden ufänken an dem Rapporteur, dem Frank Arndt, Merci soe souwuel fir säi schréffleche wéi och fir säi mündlechen, komplette Rapport.

Mir schwätzen elo zënter knapp enger hallwer Stonn hei iwwer Energieeffizienz. Wat ass iwwerhaapt Energieeffizienz? Energieeffizienz besteet aus zwee Wierder: aus Energie an aus Effizienz.

Här President, Dir wësst et, ech war, ier ech Deputéierte gi sinn, Offiziéier an der Stad bei de Berufspompjeeën an do zoustänneg fir d'Formation vun de Stagiairen. An do hu mer dann ënner anerem an der technescher Hëllefleschtung niicht deene praktesche Formationen, déi vill méi beléift ware wéi déi theoretesch, wéi Der lech virstelle kënn, dann och iwwer Energie geschwat. An do hunn ech hinneen da gesot, dass déi Energie eigentlech d'Fäegkeet ass vun engem Kierper, fir Aarbecht ze verrichten.

Duerch d'Verbrennung vun engem Kubikmeter Gas beispillsweis kann een thermesch Energie gewannen, fir e Raum ze hëtzen zum Beispill. Dobäi ginn CO₂-Emissiounen fräigesat, wéi bei all Verbrennung. An den CO₂, an dat wësse mer heibannen alleguer, ass haaptverantwortlech fir de Klimawandel. Vun der ongesonder Ofhängegkeet vu Länner wéi beispillsweis Russland guer net ze schwätzen!

Bei der elektrescher Energie ass et ähnlech. Fir elektresch Energie, ëmgangssproochlech als Stroum bezeechent, gëtt ënner anerem Atomenergie benotzt. A mir sinn eis och heibannen alleguer eens, dass Atomkraftwierker wéi Cattemon beispillsweis zougemaach sollte ginn. A mir wëssen och, dass d'erneierbar Energien eleng als Alternativ dozou leider net duerginn, soudass mer eigentlech net derlaanscht kommen, fir souwuel eise Gas- wéi och eisen Elektreschbedarf, dee mer hunn, drastesch ze reduzéieren. Wat net verbraucht gëtt, brauch net produzéiert ze ginn!

Dann, dat anert Wuert ass Effizienz, effizient: E Fussballspiller, beispillsweis e Stiermer, dee vun zéng Goalchancë véier Goaler schéisst, ass sécherlech méi effizient wéi ech zu Schuller an der Härenequipe, deen da vläicht ee bis guer kee Goal vun zéng Goalchancen eraschéisst.

► **Une voix.** - Dat ass richtig.

(Hilarité)

► **Une autre voix.** - Also, d'Konsequenz?

► **M. Max Hahn (DP).** - Energieeffizienz ass ähnlech: Bei der Energieeffizienz geet et dorëms, en Zil mat engem minimalen Energieopwand ze erreechen. Sou kann ee beispillsweis honnert Kilometer Auto fueren: Dat kann ee maache mat engem Auto, dee véier Liter op honnert Kilometer verbraucht, et kann een et awer och mat engem Auto maachen, deen zéng Liter op honnert Kilometer verbraucht. Ech brauch lech net ze soen, dass dee mat véier Liter op honnert Kilometer méi effizient ass.

Dee Raum, an deem mer hei sëtzen, an der Plénière, do ass et ähnlech. Un deem Beispill kann een illustréieren, dass deen heite Raum beispillsweis, wann deen elo nach besser isoléiert géif ginn, da bräicht ee manner Gas, fir en ze hëtzen, a wa mer nach méi energetesch Belichtung hei hätten, zum Beispill LED-Luuchten, da bräichte mer och manner Elektresch heifir.

Dat, wat ech lech heimat wëll soen, ass, dass et bei der Energieeffizienz op kee Fall ëm e Verzicht geet. Mir wäerte weiderhin dee Raum hei hëtzen, mir wäerten e weiderhi belichten, mä mir wäerten dat mat manner Energie maachen. A genau dorëms geet et bei deenen hei zwee Projet-de-loien: Mir probéieren, mat manner Energie datselwecht Resultat ze garantéieren an domat manner Stroum a manner Gas ze verbëtzen.

Här President, d'EU huet sech e puer Ziler gesat an der Ëmweltpolitik. Eent dovun ass, bis 2020 d'Energieeffizienz ëm 20% an d'Luucht ze setzen. Dat klengt Lëtzebuerg kann dat net eleng. Mir mussen dat zesumme maachen: zesumme mat deenen aneren EU-Memberlänner, zesumme mat eise Bierger, zesumme mat den Entrepreneuren an och zesumme mat de Gemengen. Mir maachen dat mat deem heite Gesetzesprojet och zesumme mat eisen eelef Gasversuerger a mat eise 25 Elektroversuerger.

Här President, dësse Projet de loi gëtt der Energieeffizienz hei zu Lëtzebuerg e grouse Kick. Firwat? D'Stroum- an d'Gasfournisseure ginn elo gesetzlech obligéiert, de Betriber an de Privatstéit ze hëllefen, fir manner Energie ze benotzen an ze verbëtzen. Aspuerunge kënnen d'Energieversuerger souwuel bei hire Clientë maache wéi och bei deenen anere Versuerger hire Clienten, a si kënnen dat eigentlech vun engem Volet, vum Gasberäich zum Beispill, och an den elektresche Beräich iwwerdroen. Spréch: En Elektro-, e Stroumversuerger kann zum Beispill d'Clienten incitéieren, sech méi en energetesch Frigo zouzeleeën. E ka se awer och incitéieren, fir beispillsweis besser Fënsteren an hirem Logement virzegesinn.

Wéi geet een do an der Praxis vir? Et gëtt eigentlech de Bilan vum Virjoer gekuckt an da gëtt gekuckt, wat den Energieversuerger XY un Energie verkaaft huet. An doropshi gëtt berechent, wat den Energieversuerger dann dat Joer drop an Ofhängegkeet vu senger Part de marché un Aspuerunge muss maachen. Wat ganz wichteg ass, dat ass, dass déi zwee Projet-de-loien hei net verhënnere, dass d'Energieversuerger nei Clientë kënne siche goen. Ganz am Géigendeel, si kënnen nei Clientë rekrutéieren. Si mussen dann awer wëssen, dass se am Folgejoer dann an der Zomm méi Aspuerunge musse maachen.

Et geet also dorëms, kënnen ze wuessen an trotzdeem d'Ressourcen ze schounen an eis Liewensqualitéit ze verbesseren. Grad hei zu Lëtzebuerg, an et ass virdru scho gesot ginn, hei zu Lëtzebuerg, wou mir pro Joer ëm 13.000 Awunner wuessen, also eng Populatioun vun dräimol enger Gemeng Dippech! Och déi 13.000 Leit verbrauchen Energie. Grad hei zu Lëtzebuerg, wou eis Wirtschaft wiisst an eis Betriber sech usidelen, och déi verbrauchen Energie!

Dofir, Här President, ass et wichteg, dass et keng Begrenzung vum Volume vun der Energie gëtt. D'Zil ass et, d'Energie méi effizient ze notzen, da wäert de Volume vun der Energie vum selwen zrëckgoen, och mat neien Aktivitéiten a mat neie Privatstéit am Land.

Domat, Här President, schafe mir eng regelrecht Offensiv, fir verstoppten Energiepotenzialer opzespieren, eisen Energieverbrauch ze optiméieren, an dat an deene meeschte Fäll ouni Niewewierkungen, mä am Géigendeel, mat engem positiven Effekt: Mir schounen de Klima a mir spueren Suen.

Ech ginn lech nach gären e Beispill: Géif ee sech moies eng Stonn op de Glacis stellen an et géif een de Loftrock vun de Pneue kontrolléieren, da géif ee vläicht feststellen, dass d'Halschent vun de Pneuen net genuch Loft hätten. Sou, stellt ee sech elo dohinner an et géif een net nëmme de Loftrock préiwen, mä et géif een de Loftrock och nach adaptéieren op den optimale Wäert, da kéint dat, ouni dass déi Autoen herno manner Kilometeren fueren, dozou féieren, dass déi Autoen alt bis zu 20% manner Sprit géife verbrauchen! Ech wëll domat sécherlech net soen, dass et net méi effizient wier, Vëlo ze fueren oder den öffentlichen Transport ze benotzen, mä ech wollt lech just un deem dote Beispill weisen, dass een eigentlech mat klengen Efforte scho ganz vill an deem heite Beräich ka maachen.

Dëst Gesetz wäert derzou féieren, dass d'Gas- an d'Stroumversuerger ganz kreativ an deem heite Beräich wäerte ginn. Si wäerten un d'Leit erunrieden a si wäerte se encouragéieren, fir hir Energieverbräich ze hannerfroen.

Här President, ech sinn net houfreg drop, dass mer déi zwee Projet-de-loien elo eréischt hei an der Chamber zum Vote hunn. Et ass eng EU-Direktiv - wéi awer bei villen EU-Direktiven -, déi relativ spët hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt. Mir sinn net déi Lescht, mir wäerten am hënneschte Peloton matfueren. An ech sinn awer gudder Déng an ech soen: Besser ze spët, wéi ni, dass mer an deem dote Beräich ganz staark nach wäerten an deenen nächste Méint a Joren opuhelen! A wie weess, vläicht schaffe mir eis eng kéier aus deem hënneschte Peloton no vir an dee viischte Peloton. An da kéint et vläicht eng kéier zu enger klenger Échappée - an dat géif ech mir zumindest wënschen!

Dës EU-Direktiv ass awer och de Beweis, denken ech, dass ganz vill Saachen, déi vu Bréissel kommen, ganz, ganz sënnavoll sinn. Well ech ka mer net virstellen, dass déi eenzel EU-Memberstaaten esou ambitiéis Ziler vum selwen attackéiert hätten.

Ech hat deslescht eng Entrevue mat engem dänesche Kolleeg an dunn hu mer dann och iwwert dat heiten Thema geschwat. Hien huet mer gesot, dass d'dänesch Regierung et faerdegbruecht huet, dass all drëtten Dän energispuerend Moosnamen a sengem Eegenheem duerchgefouert huet.

Ech muss lech soen, Dir Dammen, Dir Hären, ech fannen dat sensationell! An ech hoffen, dass eis dat och hei zu Lëtzebuerg wäert geléngen. Ech wënsche mir dat, well dat féiert zu enger Win-win-win-win-Situatioun - véiermoll!

(Exclamations)

Zum enge profitéiert de Verbraucher dervun, well de Verbraucher wäert eng manner héich Energierechnung ze bezuelen hunn, eis Ëmwelt selbstverständlech, de Stat duerch manner Kyoto-Strofgelder an och eis lokal Betriber, déi an deem dote Beräich sécherlech nach ganz vill Potenzial hunn, fir Aarbechtsplazen ze schafen.

Ech si mer och sécher, dass déi heiten zwee Gesetzesprojeten am Zesammenhang mat weidere Mesuren, wéi beispillsweis der Klimabank,

e ganz richtegen a wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung sinn. Mir wëssen, dass trotz Primmen, wéi der PRIME House, net allze vill an der Albusanéierung an deene leschte Jore passéiert ass. Dofir muss een d'Iddi vun der Subventionéierung a Fro stellen. An ech sinn och frou, dass d'Regierung dat mécht a vläicht éischter de Wee sicht, fir Richtung Virfinanzéierung ze goen, wéi de Modell vun der Klimabank dat virgesäit.

De Problem bei der Subventionéierung ass jo deen, dass een zwar 20% bis 30% subventionéiert kritt - déi Subventioun, déi een dann alt vläicht ee Joer oder alt zwee Joer duerno iergendwann eng kéier ze gesi kritt -, mä et muss een nach ëmmer déi aner 70% bis 80% selwer bezuelen an déi aner 20% bis 30% souguer eng laang Zäit virstrecken, bis een dann de Subsid erëmkritt.

Bei der Virfinanzéierung ass et esou, dass 100% vum Kapital zur Verfügung gestallt ginn, dat zu engem ganz bëllegen Taux, voire engem Prêt mat engem Zënssaz vun null Prozent. An déi Energiespuermoosnamen, déi ee jo ëmsetzt, déi féiere jo derzou, dass een Energiekäschtchen aspuert. A genau mat deenen Aspuerungen, mat deem Geld, wat een aspuert, kann een dann duerno säi Prêt zrëckbezuelen.

Här President, sinn d'Ziler vun dësen zwee Projet-de-loien ambitiéis genuch? Dat ass jo eppes, wat e bëssen dobaussen diskutéiert ginn ass. Ech muss lech soen, ech fir mäin Deel denken, dass se ambitiéis genuch sinn. Ech sinn nämlech kee Frënd dervun, dass mir heibannen Ziler setzen, vun deene mer wëssen, dass mer se net erreeche kënnen an net erreeche wäerten, Stéchwuert Kyoto-Ofkommes.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - Mir dierfen och net um Pabeier Saache festhalen, déi an der Realitéit ni antreffe wäerten. Bei dësem Gesetz, awer och bei anere Gesetzer ass et dofir ganz wichteg, regelméisseg e Bilan ze maachen. Och mir als Politik mussen eis hannerfroen a kucken: Huet d'Politik déi Ziler, déi mer wollten erreechen, dann och tatsächlech erreecht?

Dofir sinn ech och ganz frou, dass déi Motioun vun sämtleche Parteien hei ënnerschiwwen ginn ass, fir dass mer no dräi Joer hei e Bilan wäerte maachen, ob mer eis Ziler dann hei erreecht hunn oder net. An ech muss lech och soen, d'Pénalitéiten, déi an deenen heite Projet-de-loie virgesi ginn am Fall, wou d'Energieversuerger hiren Obligationen net nokommen: Och do muss ee vläicht dann un där enger oder un där anerer Stellschrauf nodréien, wann ee gesäit, dass d'Energieversuerger hirer Verpflichtung net nokommen, voire dass déi eng et maachen a mam gudden Beispill virginn an anerer léiwer hir Pénalitéite bezuele wéi an Energiespuermoosnamen ze investéieren.

D'Konsequenz vun dësen zwee Projet-de-loie wäert sécherlech sinn, dass zousätzlech Käschtchen wäerten entstoën. Zum engen, an dat héiert een dobaussen, dass déi fläisseg Energieversuerger schonn amgaange sinn, den Terrain ze sondéieren a quasi - ech soen dat elo e bëssen iwwerspëtzt - mam Scheckheft duerch d'Land trëppelen an nottamment bei déi gréisst, déi grouss Energieverbraucher ginn a kucken, fir mat deenen Energiespuermoosnamen duerchezéieren, wouvun dann den Energieversuerger de Mérite hätt, dass en och Certificate géif kréien, déi e sech dann herno kann urrechnen.

D'Energieversuerger, déi wäerten dofir Servicer musse schafen, Servicer mat Ingenieuren, mat Techniker, mat administrativem Personal. Si wäerten, et ass schonn ernimmt ginn, déi intelligent Compteuere installéieren. All déi Saache kaschte Geld! Elo gëtt et dräi Méiglechkeeten, wéi déi Käschtchen verlagert ginn: Entweder geet et op de Benefiss vum Energieversuerger oder d'Gas- an d'Stroumpräisser wäerten eropgoen oder d'Käschtchen wäerte mat öffentlichen Mëttele finanziert ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, ech denken, dass eppes sécher net därerf passéieren: Et därerf net sinn, dass grouss Clientë wéi Entreprisë beispillsweis, wou sécherlech méi Potenzial ass, fir Energie ze spueren, well se einfach méi Energie verbrauchen, dass déi de Privatpersounen bevirzucht ginn. Dat géif nämlech dozou féieren, dass en fin de compte d'Privatleit géifen derfir bezuelen, fir dass Energiespuermoosnamen bei den Entrepreneuren a bei de gréisseren Betriber géife gemaach ginn, an d'Privatleit selwer awer net an de Genoss vun esou Mesurë géife kommen.

Genau dofir denke mir als Demokratesch Partei, dass e gewëssene Prozentsaz u Mesurë bei Privatleit realiséiert muss ginn. Ech géif souguer esou wäit goen a soen: net nëmme bei de Pri-



vatleit, mä notamment och bei deene sozial Schwaachen, Stéchuert Energiearmut. Et ass jo eng Tatsaach, dass déi sozial schwach Leit éischter an energetesch schlechte Wunnengen oder Haiser wunnen an dass do eigentlech och e ganz, ganz groust Potenzial ass. An ech denken, dass mer hei eigentlech d'Chance hunn, fir och an deem dote Beräich eng gewëssen Obligatioun den Energieversuerger ze ginn, fir dass se och an deem dote Beräich attackéiere mussen.

Här President, d'Regierung huet sech fir d'Ap-proche décidéiert, dass d'Energie- a Gasversuerger an Zukunft d'Responsabilitéit, fir d'Energieeffizienz virunzedreiwten, ze droen hunn. Dofir gëtt et och eng ganz Rei gutt Grënn. Eng ganz Rei aner EU-Memberstaaten hu sech fir deeselwechte Wee decidéiert. An ech fannen dat och dee richteg Wee, well et si jo d'Energieversuerger, déi eigentlech ganz no un hirem Client dru sinn. An ech denken, iwwert deen dote Wee kéinte mer de Problem vun der Energieeffizienz an de Grëff kréien.

D'Energieversuerger selwer soe souguer, dass si an där heiter Obligatioun - wou ee ka soen: „Deene geet et jo nëmmen drëms, fir hir Energie ze verkaufen!“, dat ass guer net wouer! -, d'Energieversuerger selwer sinn et, déi engem soen, dass si fir sech selwer an deem heite Beräich ganz vill Potenzial gesinn an dass si eigentlech selwer wëllen dervun ewech, fir just nach Energieverfak ze géieren, mä dass et einfach a Richtung Energieberodung och muss goen.

Eppes, wat een dann och an deem heite Kontext dobaussen héieren huet, dat ass, dass d'Pétrolshändler eigentlech an deem heite Gesetz ausgeklamert gi sinn. Ech muss lech awer soen, ech fannen, dass et eng ganz Rei gutt Grënn dofir gëtt, dass d'Pétrolshändler ausgeklamert gi sinn, well si hu keng Lienen zu hire Consommateuren. Si misste ganz nei Strukturen opbauen, fir déi Berodung kënnen ze liwweren, déi an deem heite Beräich néideg ass. Ech wëll domadder awer ganz sécherlech net soen, dass och déi dote Versuerger, d'Pétrolsfournisseuren, net och finanziell kontribuéiere mussen.

Wat den Tanktourismus als solchen ugeet, ass et jo esou, dass déi meescht Pétrolsproduiten och guer net hei am Land verbraucht ginn. A long terme ass den Tanktourismus keen nohaltege Modell, ech mengen, do si mer eis eens. Et muss een awer och wëssen, dass och ouni den Tanktourismus d'Autoen an d'Camionen, déi op Lëtzebuerg tanke kommen, och weiderhin nach wäerte fueren. Déi wäerten net muer verschrott ginn oder an der Garage stoe bleiwen! Mir hunn zwar dann hei zu Lëtzebuerg keng CO₂-Emissiounen méi, déi mer ugerechent kréien, mä mir hunn awer dofir e Lach vun enger Milliard an eise Statsbudget.

An deem Kontext wëll ech och erwähnen, dass de Präisverfall vum Pétrol definitiv eng positiv Auswirkung op eis Wirtschaft huet an op de Portmonni vun eise Bierger. Leider, an dat fäerten ech, ass dat awer just eng Moment-opnahm. Dofir gëllt et, grad elo ze handeln a grad elo eis prett ze maachen, fir wann d'Energiepräisser erëm wäerten an d'Onendlecht klammen, fir dass mer da fit sinn.

Et huet ee jo oft dobaussen, wann een iwwer Energiespuere schwätzt, da gräifen d'Leit hire Portmonni a si halen dee fest un. Et misst genau de Géigendeel sinn, well deen, deen haut an energiespuerend Mesuren investéiert, dee spuert muer net nëmmen Energie, mä domat och Geld.

Här President, ech denken, dass mer an der Energieeffizienz ganz, ganz grouss Potenzial hei zu Lëtzebuerg hunn. D'intelligent Compteur wäerte sécherlech derzou bäidroen, dass d'Versuerger gehollef kréien, fir d'Bierger dobaussen nach méi ze sensibiliséieren. Et ass och interessant, beispillsweis e Verglach ze kréie mat anere Stéit an ähnleche Situatiounen, wéi et em deenen hire Verbrauch steet, an do der-niewent sécherlech och virdeelhaft, dass eng Fernofliesung méiglech ass an dass ganz nei Tarifikatiounsméiglechkeete wäerte méiglech sinn.

Zukunftspotenzial zu Lëtzebuerg: selbstverständlich an der Albasanierung. Ech denken un d'Isolatioun, Solaranlagen, Austausch vu Fënsteren, Heizungsanlagen a Belichtungen. Zukunftspotenzial awer och fir eis Betriber: Energieeffizienz ass e Kompetitivitätsfaktor, dee kengem weideet. Mir si beim energieeffiziente Baue scho ganz wäit. Eis Betriber hunn eng super Expertise an deem dote Beräich. An dovun gëllt et ze profitéieren an dorop opbauen! Et ass esou, dass souguer Lëtzebuer-

gesch Betriber iwwert d'Grenzen eraus vun deem doten Know-how profitéieren.

Mir hunn och Potenzial, wat d'Benotzerverhalten ugeet. Mir haten deslescht an enger Kommissiounssitzung mat der Familljeministesch Corinne Cahen driwwer geschwat, dass ee ganz oft och bei sozial schwache Familljen nach ganz vill ka maache mat einfache Mëttele, andeems een net nëmmen d'Assistant-socialen op den Terrain bei d'Leit schéckt, mä och vläicht Energieberoder vun „myenergy“ beispillsweis, déi engem vläicht kënne Saache soen - déi vläicht fir deen een oder deen aneren evident sinn! -, dat heescht: richteg lëften, Luuchten net déi ganzen Zäit brenne loossen, eng Tëlee net déi ganzen Zäit brenne loossen, déi einfach Saachen. Ech denken, dass do och nach ganz, ganz vill Potenzial ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ah, wann den Här Hahn domat d'accord ass, den Här Reding huet eng Fro.

► **M. Max Hahn (DP).**- Ganz gär.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, ech hätt an deem dote Kontext eng Fro, wat sozial schwach Familljen ugeet. Déi grëng Kolleegen hunn do schonn e puermol drop higewisen, do hu mer e grouss Problem: Déi brauche keng Energieberodung, déi brauche Stroum! Eise Code seet, datt e Frigo oder eng Tëlee net därfer saisiert ginn, mä Stroum, Stroum därfer ofgespaart ginn!

Wat ass do Är Siicht, wat do kéint ennerholl ginn, fir datt esou Stéit net dostinn owes mat hirem Frigo, wou de Stroum ofgespaart ass an hir Liewensmëttel gi futti an der Tru, wéi dat haut nach ass? A vu datt besonnesch déi grëng Partei do jo schonn zwee-, dräimol ganz gutt Question-parlementairen an déi Richtung gestallt huet, wollt ech froen, ob do eppes an der Maach ass, fir datt dat an Zukunft net méi ka virkommen.

Merci.

► **M. Max Hahn (DP).**- Ma ech géif vläicht dem Kolleg Roy Reding villmools Merci soe fir déi Fro. Meng Zäit gëtt gestoppt, huet den Här President mer gesot - well ech wollt eigentlech zu menger Konklusioun kommen. Ech ginn awer ganz gär op déi dote Fro an.

Et ass eigentlech esou, an dat ass eis och an der Kommissioun erzielt ginn, dass am Moment éischter d'Tendenz ass vun den Offices sociaux, fir Energierechnunge blann ze bezuelen, ouni ze hannerfroen, ob een net vläicht besser hätt, fir Fachleit bei d'Leit op den Terrain ze schécken a fir mat de Leit um Terrain ze kucken: „Lauschter, du hues awer eng relativ héich Consommation un Elektresch, u Mazout oder u Gas“ an deenen einfach Tuyauen um Terrain ze ginn, wéi se do Aspuerung kënnen maachen. Dat heescht an deem dote Kontext ass eng ganz, ganz Rei ze maachen.

An ech fannen, dat passt ganz gutt och bei dëst Gesetz, well mir wëlle jo energieeffizient ginn. An hei kann een energieeffizient ginn, ouni dass dat de Statsbudget eppes kascht. Au contraire, et entlaascht de Statsbudget en fin de compte!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- Ech wollt awer nach soen, dass de Stat net nëmmen do mam gudden Beispill virgeet. De Stat geet och mam gudden Beispill vir, wat d'nohaltegt Bauen ugeet bei den éffentleche Gebaier. All Neibaute vum Stat ginn no deenen neiste Standards, wat d'Energieeffizienz ugeet, gebaut an et ass och virgesinn, fir e Screening vu sämtleche Statsgebaier ze maachen, fir och do Potenzialer opzedekken. A gleeft mer et, do gëtt et vill, vill Potenzial, wat an engem sougenannte Screening wäert kënnen opgedeckt ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, Här President, ech kommen zu menger Konklusioun. Ech gesinn, meng Zäit ass ofgelaf. D'Klimapolitik ass...

(Brouhaha)

Meng net, meng Riedezäit!

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, d'Klimapolitik ass keng Sprintdisziplin. D'Klimapolitik ass éischter e Marathon.

► **Mme Viviane Loschetter (déi grëng).**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- Mir müssen an deem heite Beräich e laangen Otem hunn. Mir müssen e ganz laangen Otem hunn, well déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, déi sinn ambitiéis, déi si ganz ambitiéis! Et ass och keng Fro, ob mer eis Ziler erreeche wëllen, mä et ass eng Noutwendegkeet. Wie sech haut ekologesch net richteg opstellt, deen huet et muer ekonomesch ganz, ganz schwéier. Et geet dorëms, eis Zukunft ofzesécheren, d'Energieversuerung ze garantéieren, em d'Schafen an

d'Erhale vun Aarbechtsplazen an net zulescht em eise Bäitrag zu enger klimafrëndlecher Gesellschaft.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet elo direkt de Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi grëng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren elo, net nach eng Kéier déi Saachen all ze widderhuelen, déi meng Virriedner elo schonn hei zu dëser Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv vun 2012 gesot hunn.

Déi Direktiv baut op op engem EU-Konzept vun 20/20/20 bis 2020, also 20% méi Effikasitéit, 20% méi erneierbar Energien an 20% manner CO₂-Ausstouss. Mir als Grëng ennerstëtzen natierlech souwuel déi Direktiv wéi och déi Klimaziler vun der EU mat zwou Hänn.

Elo ze lamentéieren, dass dat esou spéit geschitt, dat, mengen ech, huet kee Wäert. Mir müssen do no vir kucken. An och d'Kriticken, déi am Raum stinn, dass déi Ëmsetzung vun der Direktiv, déi vill méi eng grouss Panoplie huet wéi just Stroum a Gas, mä ganz aner Secteuren nach betrëfft, dass déi Ambitiounen net héich genuch sinn, och dat loossen ech hei net gëllen.

Ech loossen och net gëllen, dass hei just e mini-maalt Zil, wéi et an der Direktiv virgesinn ass, an all Ausnahmeregelunge genotzt si ginn, well ech sinn, jo, ech sinn der Iwwerzeugung, dass déi kleng Schrëtt, déi mer u sech hei elo aféieren, e wesentleche Bäitrag wäerte liwweren, well mir féieren näischt manner a wéi eng Obligation de service public op d'Parties obligées bei de Fournisseuren vun der Elektrizitéit an och vum Gas.

Dat sinn also Schrëtt, déi d'office nohaltegt bleiwen, déi och müssen dokumentéiert ginn, wat déi reell Aspuerung sinn, siehe Règlement grand-ducal, dee ganz voluminéis ass, wou u sech dann déi Schrëtt och beschriwwen sinn. A wou ee sech och kann drop verlossen, dass déi Aspierungen eben och iwwer 2020 ewech nach wäerten hir Valeur hunn.

D'Kritiker soen och: Wou ass dann elo de Mazout a wou ass dann d'Fernwärme an dësem Projet de loi? Ma an dësem Projet de loi si se net dran. Mä, muss ech soen, et ass deelweis méi schwierig, well déi Fournisseuren vill méi breet gestreut sinn, well mer och ganz vill do am Albau sinn, wou och Sanierungen ustinn. Bon, wann ee seet Sanierung, da steet, wann ee bis energetesch sanéiert huet, och eng nei Heizung un. An dann? Ma da kënnen jo d'Primme gräifen. Dann hu mer d'PRIME House, déi u sech dann och d'Leit, déi sanéieren, encouragéieren soll, fir op aner Heizsystemer zréckzegräifen. Also hätte mer do d'office dann och, no dem Sanéieren, eng Effizienzsteigerung a manner Mazout an och manner Fernwärme, déi géife genotzt ginn.

Mengem Virriedner ginn ech awer ganz gäre recht, dass muss en Équiliber fonnt ginn zwëschent der Opdeelung vun de Käschte vun de Mesuren. Wann déi Parties obligées natierlech, an dat soll och esou sinn, fir d'Éischt probéieren, déi méi einfach Clienten, déi méi grouss Quantitéiten Energie um Maart ze gewannen an anzespueren, dann därft et awer net esou sinn, dass et just déi méi kleng Clienten sinn, déi u sech déi Méikäschte géifen droen. Do muss ee soen, bei deene méi kleng Clienten gëtt et elo och scho flächendeckend eng gratis Energieberodung iwwer „myenergy“.

An ech selwer kann dovunner e Lidd sangen. Sait 1997 si mer am Kanton Réiden amgaangen, gratis Energieberodung, vill méi déif nach wéi am Moment d'Berodung vun „myenergy“ ass, bei de Privatleit, bei de Gemengen, bei de Kleng- a Mëttelentreprise ze maachen, an dat bréngt eppes an dat ass och nohaltegt. Déi Berodungen an déi Ëmsetzung vun de Moosname bei de Leit bréngt eng Aspuerung, also och eng Effizienzsteigerung.

Déi intelligent Compteur sinn ugeschwat ginn, an do komme mer jo an der Siichtweis bis 2018 respektiv 2020 op 90% respektiv iwwer 90%, wou se müssen dann an all Haushalt ëmgesat sinn. Dann erhoffen ech mer just, dass déi intelligent Compteur och eben entsprechend déi Réckmeldung un d'Notzer vun der Energie ginn. Dat schéngt mer de Knackpunkt ze sinn, well nëmmen den Notzer, dee weess, wat e vun Energie verbraucht, kann och op säin Energieverbrauch awierken an domat och déi gewënschten Effizienzsteigerung duerch déi intelligent Compteur bewierken.

À propos intelligente Compteur - dat ass de Virdeel, wann een an engem Haus wunnt, wou schonn déi drëtt Generatioun dra wunnt - ech war op de Späicher gaangen elo gëschter, fir

emol ze kucken, ob ech net nach eng Rechnung géif erëmfannen am Stroumberäich. Hei hunn ech eng fonnt: Esou gesäit en intelligente Compteur vun 1955 aus. Do ass dann opgefouert Staarkstroum an Haushaltsstroum - Dir musst wëssen, ech kommen aus engem Handwierksbetrib, enger Schräinerei -, insgesamt huet dee Stot mat fënnf Leit an eben dann dem handwierkleche Betrib 106 kWh de Mount verbraucht.

Dunn hunn ech da meng Rechnung erausgeholl - a vu dass ech och scho laang an där Matière schaffen, ginn ech mech och gutt drun, hoffentlech, fir do esou mann wéi méiglech Stroum ze verbrauchen: Pro Mount, och mir sinn zu fënnf am Moment, hu mer awer dann e Stroumverbrauch vun 270 bis 280 kWh de Mount. Dat ass also schonn emol eng Verschlechterung vun der Effizienz, wann een dat reng kuckt vum Energieverbrauch, an de leschte 60 Joer em e Facteur dräi.

A wann ech den duerchschnëttleche Lëtzebuerger Haushalt kucken, da leien ech souguer éischter bei enger Verschlechterung em e Facteur véier. Dat heescht, mir sinn elo sécherlech an der Pflicht, wa mer wëllen eisen Nokommen eng gesond Ëmwelt hannerloossen, eng Effizienzsteigerung ze maachen. Se war schonn emol do.

Ech kommen nach eng Kéier zréck an d'Gewant. Déi aner Fro, déi am Raum steet, déi och schonn ugeschwat ginn ass: Wou ass den Transportsektor an deem Ganzen, wann ee jo weess, dass zu Lëtzebuerg circa 60% vun dem ganzen Energieverbrauch op den Transportsektor falen?

Ma dozou e puer Moosnamen, déi awer an der Maach sinn. Eng éischt emol, dat ass elo keng Moosnam, dat ass just eng Feststellung: De Groupement pétrolier, deen huet an enger Pressekonferenz elo am Februar dëst Joer d'Chiffere fir 2014 duergeluecht a wou se u sech dann e Mannerverfak vun 3,3% vun deene Pétrolsprodukter am Treibstoffberäich haten. Dat wëllt awer net heeschen, dass mer do eng Effizienzsteigerung hunn. Dat ass jo do, wou ee muss oppassen. Dat wëllt just heeschen, dass do elo manner verfak gi war, aus wat fir engen Ursachen och ëmmer.

Een anere Chiffer, dat ass awer eng Effizienzsteigerung, dat ass, wann een déi Neiumellunge kuckt, déi duerchschnëttlech Flott zu Lëtzebuerg: 2005 ware mer do bei 168 g CO₂ op de Kilometer. An 2014, d'Chiffere vun leschte Joer, an der Moyenne cumulée, 130 g CO₂ op de Kilometer. Do hu mer also eng Aspuerung, déi läit am Beräich vun, mengen ech, 30%. Ech hunn elo de Chiffer net méi grad hei, d'Chiffere sinn do net gradesou wichteg. Mä Dir gesitt, do ass eng Effizienzsteigerung do.

Ass et elo, well de Konsument higaangen ass, a sech zu méi klengen Autoen orientéiert huet, well u sech dat am Portmonni gedréckt huet? Oder ass et einfach, well d'Flott, déi d'Hiersteller ubidden, wierklech méi effizient ginn ass? Just een Auto erausgepickt, dat ass en Hybrid - ech nennen elo keng Mark, fir keng Reklamm ze maachen -, effektiv hat deen en CO₂-Ausstouss vun 104 g em 2005, an dee leschte Modell 2014, deen ass bei 74 g fir deeselwechten Auto a mat darselwechter Capacitéit vu Leit, déi e ka beförderen. Do ass also an de leschten zéng Joer schonns eng Effizienzsteigerung am Transportsektor geschitt.

Eng aner Moosnam am Transportsektor, dat ass eng fräiwëllege Verflichtung, déi weist och, dass u sech Effizienzsteigerung vill mat Wirtschaften ze dinn huet, mat Aarbechtsplatzgarantie, mat Aarbechtsplatzsicherung, mat Standuertsicherung zu Lëtzebuerg. Bon, do war elo, mengen ech, virun zwee Deeg déi Virstellung vum Präis „Lean and Green“, deen och hei zu Lëtzebuerg u verschidden Entrepreneuren am Transportsektor vergi ginn ass, wou ee sech muss engagéieren, fir 20% manner Energie ze verbrauchen, op fënnf Joer gekuckt. Dat ass ambitiéis!

Dat ass méi ambitiéis wéi dat Zil, wat mir hei an der Effizienzdirektiv fir Stroum a Gas ëmsetzen. An do waren eenzel Entrepreneuren dobäi, déi sech engagéiert hunn, mat 29,6% Aspuerung, déi si wëllen an deenen nächste fënnf Joer maachen. Awer net nëmmen, wann ech gelift, mam Ëmweltgedanken, mä ganz kloer, fir e wirtschaftleche Virdeel ze hunn, fir kënnen um Maart vum Transportsektor, dee ganz heiss ëmkämpft ass, wéi ech emol soen, an Europa, fir do kënnen ze bestoen.

Eng aner Saach, dat ass elo wierklech erëm vu gëschter. Net méi spéit wéi gëschter - dat ass eng flott Flöskel - war ech mat engem Promoteur zesummen, dat war dann am Schäfferot, deen erëm driwwer geklot huet, dass mer eben esou streng Wärmeschutzveruerdungen hei zu Lëtzebuerg hunn, dass d'Bauen ëmmer méi deier gëtt. Bon, do muss ech soen, do si mer vir vis-à-vis vun Europa.



Et ass jo och ëmmer gesot ginn: Mir sinn ëmmer hannendran. Mir sinn hannendran mat der Effizienz, eréischt an Deelberäicher ëmzesetzen. Mä do si mer vir vis-à-vis vun den aneren europäesche Länner. An dat ass och gutt esou, well eist Handwierk gött doduerch ëschter fit wéi an den Nopeschlänner, fir schonn op e Standard vum A oder „Nearly-zero“-Haus ze kommen. An dat bréngt eppes!

Do dobäi ass parallel u sech d'Formation uge- laf, souwuel an de Schoule wéi awer och am Handwierk selwer. Den Institut de Formation Sectoriel du Bâtiment, den IFSB, deen huet gewisen, dass dat Zesummespill vun deene ville verschiddenen Handwiersbetreiber, fir en energieeffizient Haus ze bauen, noutwendeg war an extrem gutt genotzt gött. An do hu mer u sech dofir e Qualitätsvisprong am Handwierk schonn elo vis-à-vis vum noen Ausland duerch méi schaarf Richtlinnen.

An da kommen ech nach eng Kéier zréck op déi Ausso eben dann: D'Baue gött ëmmer méi deier zu Lëtzebuerg. Ech mengen, do gött ëmmer nëmmen deen ee Punkt, den Invest gekuckt zum Moment, mä d'Betribskäschten, dat, wat u sech och déi méi sozial schwaach Haushalter ëmmer misst interesséieren, dat sinn d'Niewekäschten, och wann een an der Locatioun ass, déi därferen een net friessen.

Wa mer de Bestand kucken: An engem „I“-Haus, wat ganz dacks de Standard ass bei engem Haus an der Locatioun, hu mer dann Niewekäschte vun, à voir, 200, 300 Euro de Mount. Wiere se an engem „A“-Haus ënnerwee mat gläicher Surface, da wieren et dann 30 bis 40 Euro de Mount. Ma dat ass awer e Knackpunkt, deen een net därerf verneléissen, och elo, wann een nei baut oder nei wëllt investéieren, deen ee muss am Ae behalen.

Dat heescht, Wärmeschutz, Energieeffizienz an och Standuervirdeeler fir Lëtzebuerg si matenee verknäppt. An ech sinn der Meinung, dass mer doduerch eisem Handwierk eppes Guddes geden hunn, well se hunn e Virsprong.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Eng Saach nach, dat sinn natierlech elo am Moment déi déif Energiepräisser, déi gutt fir de Wirtschaftsmotor sinn an awer fir d'Effizienzdiskussioun natierlech erëm en Nodeel hunn, well dat heescht, dass den Temps de retour, wann een eng Moosnam mécht, natierlech elo méi laang gött. Also muss ee schonn iwwerleeën, dass d'Moosnamen, déi een elo ergräift, ebe laangfristeg och am Portmonni sech wäerte rechnen.

An et ass eng Illusioun, fir ze mengen, déi momentan Optrahm, déi een huet, bei engem Invest, deen op 20, 30 oder méi Jore geet bei engem Haus, dass een elo mengt, den Energiepräis wier elo ze bëleg, fir e Schrëtt méi wäit ze goen. Dat ass, menger Meinung no, eng falsch Vue vun der Situatioun.

Een anere Standuervirdeel, dee mer eis zu Lëtzebuerg sollen, mussen onbedéngt verschafen am Beräich och vun der Energieeffizienz, dat ass natierlech d'Fuerschung, d'Fuerschung an zwee Beräicher. Energieeffizienz ass dacks guer kee Problem vun der Technik - d'Technik ass do -, et ass ganz dacks e Problem vun der Finanzéierung. Lëtzebuerg ass jo de Finanz-Eldorado vun Europa, ma da muss mer och eis iwwerleeën, wéi mer do Mëttele kënnen opstellen, finanztechnesch Mëttele, fir u sech Projeten an dësem Beräich ze finanzéieren. Ech mengen, do ass en Challenge an dee solle mer ugoen. An et wier derväert, fir doriwwer eng Kéier méi haart nozedenken.

„Awer opgepasst, wann ech gelift!“, ass net nëmmen e Slogan vu Leit, déi eben de 7. Juni eng aner Campagne..., oder wou mer u sech zu engem Referendum geruff sinn, mä opgepasst, Energieeffizienz ass fir déi gréng eng Sail, een Argument an där ganzer Klima- an Energiediskussioun, fir u sech Lëtzebuerg zukunfts-fäeg opzestellen: Energieeffizienz, CO₂-Aspue- rung an och erneierbar Energien. Wann eis deen Challenge geléngt, fir d'Energieeffizienz no vir ze bréngen, ma dann ass déi Visioun, déi mir als Gréng hunn, vun 100% erneierbaren Energien an noer Zukunft och realiséierbar!

Ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren a géif dann d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun ginn zu dësen zwee Projet-de-loien, déi absolutt an eisem Sënn sinn, an och natierlech zu der Motioun, fir hinzegoen an no dräi Joer u sech eis reell realiséiert Energieaspue- rung eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze kucken, ob mer op der Trajectoire sinn, a ge- gebenenfalls, ambitiéis wéi mer och zu Lëtze- buerg sinn, se no uewen unzepassen.

Merci nach eng Kéier fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Da- vid Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Elo war ech erschreckt, ech duecht, ech kéint nach e bësse waarden. Merci, Här President. Als Alleréisch- t wollt ech betounen, dass mer eis hei an engem Beräich bewegen, deen am Prinzip vun enger fundamentaler Kontradiktioun geprägt ass. Dee Kader ass nämlech dee vun den EU-Richtlin- nen vun 1998, 2003 an 2012, déi och eng Öffnung vum Stroummaart méiglech gemaach hunn oder sech an deem Kader bewegen, also d'Li- beraliséierung vum Stroum- a Gasmaart, dat heescht der öffentlecher Hand d'Emprise op Stroum- a Gasversuergung ewechgeholl hunn.

Gläichzäiteg ass awer an alle Käpp ukomm, dass eis Gesellschaft méi energieeffizient funk- tionéieren a Ressourcë schoune muss. Dat ass eng wichteg politesch Aufgab, bei där et am Endeffekt ëm näischt aneschtens geet, wéi ëm d'Iwwerlieue vun der Mënschheet, also eng Aufgab, bei där am Prinzip déi öffentlech Hand staark misst agräife kënnen.

Mä de Problem ass deen, dass, wann d'öffent- lech Hand keng staark Emprise op d'Pro- duktioun an d'Verdeele vun der Energie méi huet, an dat deelweis oder ganz der privater Hand iwwerléisst, quitta dass verschidden Oplagen existéieren, dass dann dës Ziler een- deiteg méi schwéier erreechbar sinn, dës- t'ëm- sou méi, well d'Industrie d'Schoune vum Klima net als prioritäert Zil op hire Fändel geschi- wen huet an net gewëllt ass, dës Ziler ouni kloer Contrainten ze erfëllen. Dat ass fir den all- gemeenge Kader.

Dës Gesetzer, déi mer haut stëmmen, oder och net, oder bei deene mer eis enthalten, wéi dat bei eis wäert de Fall sinn, sinn eng Ëmsetzung vun der sougenannter 20/20/20-Direktiv vun 2012, déi relativ ambitiéis Klimaziler fest- schreift, dat heescht d'Reduktioun bis 2020 vun 20% vum primären Energieverbrauch.

Wat an dëser Direktiv als relativ positiv och ze bewäerten ass, ass d'Tatsaach, dass quasi all d'Secteurs betraff sinn, quasi all, ausser deem vum Transport, op deen ech nach wäert zréck- kommen. D'Direktiv encouragéiert och d'tech- nologesch Verbesserungen, déi zu enger Erof- setzung vum Energiekonsum féieren. De Pro- blem ass awer, dass dat Ganz, wéi ech scho virdru gesot hunn, am Kader vun engem libera- liséierte Maart stattfënnt, an dass den Transport ausgeklamert ass als contraignant Measure.

Am EU-Parlament hat och de Lëtzebuerger De- putéierte Claude Turmes de Bericht virgueluecht, wou een och positiv Bäitrag kann ervirsträ- chen: d'Notioun vum Service public vun der Energie, d'Subventiounen fir energetesch Audi- ten, obwuel et och net kloer ass, ob se privat oder öffentlech solle sinn, d'Informatiounen bei den „smart grids“ oder nach, an dat ass wich- teg, contraignant Objektiver.

Leider muss een och negativ Punkte relevéie- ren, wéi zum Beispill, dass Atomkraaftwierker ausgeschloss bleiwe bei den Analyse fir d'Cogé- nération, fir déi ze erméiglechen, oder d'Sup- pressioun vun den Entravé géintiwwer den Operateuren, wat schlussendlech d'Rechter vun de Konsumenten aschränkt.

A wa mer scho beim Konsument sinn, komme mer net derlaanscht, vun der Energiearmut ze schwätzen. Dës Gesetzer gesinn nämlech Kom- pensatiounsmechanisme vir, wat d'Energieeffi- zienz ubelaangt. Allerdéngs sinn déi vag formu- léiert an da kann een nach net virausgesinn, wéi de Schlëssel wäert ausgesinn a wat de Konsument berappe muss, nach net ze schwätze vun der sozialer Situatioun vun dem Konsument.

Grad am Zesummenhang awer vum „smart metering“ wier et wichteg gewiescht, d'Fro vun der Energiearmut ze thematiséieren a Me- suré virzeschloen, wéi den Einzelne souwuel de Verbrauch reduzéiere kann, wéi och géint d'Energiearmut virzegoen. „myenergy“ hat jo och do eng Partie Projete presentéiert. Dovun- ner steet an dëse Gesetzer awer häerzlech wéi- neg, wat och en Zeeche vun Aarmut ass.

D'Regierung argumentéiert, dës Moosname missten am Kader vun anere Gesetzer geholl ginn. Mir sinn awer der Iwwerzeugung, dass et ganz geféierlech ass, dës Gesetzer ze stëmmen, ouni ze wëssen, wat fir eng Moosname géint d'Energiearmut kéinte geholl gi respektiv net geholl ginn.

Dat bedeit och, dass et eng Gefor gött, dass zum Beispill - et gouf vun Dänemark geschwat - an Dänemark d'Mesuré vun der Energieeffi- zienz sech op grouss Clienten duerno re- duzéiert hunn, also zum Beispill d'Industrie oder d'Déngschtleeschungen, well do eendei- teg méi ze huelen ass, wéi beim eenzelne Client. Dee muss da seng Kontributioun trotz- deem ofginn, mä riskéiert nach op Moosname waarden ze mussen.

Dann zum sougenannte Compteur intelligent. Dës Mesure ka selbstverständlech zu enger Ver- einfachung vum Comptage bäidroen. Mä wéi mat all technologeschem Fortschrëtt, zemoos

all déi Fortschrëtt, déi haut erlaben, Don- néeën ze sammelen an ze verschaffen, si mer skeptesch, wat d'Protection des données ugeet, a bemängelen ze wéineg Mesuren, déi de Schutz vum Konsument assuréieren, ze- moos wat den Historique vu senger Consom- mation ugeet. Wat geschitt mat dësen Don- néeën? Wéi kënn se ausgewäert ginn? Wouhi gi se? Dat sinn nach Froen, op déi net ge- nügend Äntwerte kommen.

An dann, et gouf och schonn hei ugeschwat, zu Lëtzebuerg ass eben den Transportsecteur en äusserst energieintensive Secteur, deen e ganz groussen Deel vum nationalen Energie- konsum ausmécht. Do zirkuléieren Zuele vun 30 bis 50%. Ech hu selwer net nogerechent, mä et ass e beträchtlechen Undeel. Doduerch, dass dee Secteur ausgeklamert bleift, komme mer net eiser Verflüchtung vun engem Spuere vun 1,5% pro Joer no. Mir bleiwen da bei 1,125% stiechen, wat Lëtzebuerg net an eng Virreiderroll aschreift.

Mir sinn och net an eiser Virreiderroll, wa mir nëmme Stroum- a Gasversuergen an d'Ver- flüchtung huelen. Dat gouf och schonn hei bemängelt. Mir mengen, dass aner Secteuren, wéi déi vum Bensin, vum Diesel, vum Mazout a vum Kerosin och net verschount misste bleiwen.

Här President, aus all deenen Ursaachen, souwuel, wat de ganze liberalwirtschaftleche Kontext ugeet, mä och wat d'Timiditéit ugeet, mat där dës Regierung d'Fro vun der Energieef- fizienz erugeet, mat de Mëttele, déi trotz- deem zur Verfügung géife stoen, wäerte mir eis bei dëse Projeten enthalten.

Mir wäerten natierlech awer trotzdeem och déi Motioun, déi mer mat ënnerschriwwen hunn, awer nach mat ofstëmmen, well, och wa se net wéideet, ka se jo schlussendlech och interes- sant sinn, fir dass een an dräi Joer - vläicht hätt ee kënnen den Datum e bësse virzéien, mä trotzdeem - ee Bilan kann zéien an d'Diskus- sioun weiderféieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner.

Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den zoustännege Minister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Éco- nomie*.- Jo, Här President. Fir d'Alleréisch- t géif ech der Chamber gäre Merci soe fir déi Diskus- sioun an dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Et ass virdru ugeklongen: Mir sinn hei en re- tard mat der Transposition vun där doter Direktiv vu bal engem Joer elo. Dofir sinn ech frou, dass mer dat haut ofstëmmen.

Ech wëll awer och hei nach ee Wuert soen zum Prinzip vun deenen heite Gesetzer, wou et jo drëm geet, en Obligatiounsmechanismus be- treffend d'Energieeffizienz anzeféieren. Mä ech wëll awer opmierksam maachen no enger gan- zer Rei Kriticken, déi elo komm sinn, nämlech dass dat heite jo net déi eenzeg Measure ass, déi mer huelen am Beräich vun der Energieeffi- zienz.

Ech wëll hei erënneren un dat Reglement, wat d'Energieeffizienz an de Gebaier betrëfft, wou den Här Anzia ganz richtig gesot huet, dass mer do Virreider sinn an der ganzer Europä- scher Unioun. Ech wëll un d'Prime CAR-e erën- neren, déi d'Subventiounen an Investitiounen, déi et bei erneierbaren Energië gött. Ech wëll un deen Accord volontaire erënneren, dee mat der Fédération des Industriels vereinbart gött. An ech wëll och un de Projet Smart metering erënneren, dee jo och an der Ausféierung ass. Vun dohier, mengen ech, ass dat Ganz e Pa- ckage, deen an déi richteg Richtung geet.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

A mer géifen dann zur Ofstëmmung iwwer- goen iwwert de Projet 6709 fir d'Éischt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6709 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fängt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Entha- lungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Felix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Félix Eischen), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler, Mi-

chel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

D'Enthalunge si motivéiert, also brauche mer net drop zréckekommen.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer iwwergoen zum Projet de loi 6710.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6710 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fängt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

An eng lichte Differenz: 59-mol Jo an 1 Absten- tioun.

► **Une voix**.- Den Här Urbany huet sech geiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Hat Der lech verdréckt?

(Interruption)

Ah, jo. Jo, Här Urbany.

(Interruption)

Domat ass och dee Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6710 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Zeimet), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Lau- rent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdig, Tess Bur- ton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro- berto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat bei dësem Projet esou décidéiert.

Motion 1

A mir géifen dann zur Motioun iwwergoen.

Wëllt nach ee Stellung bezéien zur Motioun?

(Négation)

Da géife mer à main levée iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Ass dat méiglech?

(Assentiment)



Vote sur la motion 1

Da géif ech froen: Wien ass mat der Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ma dat ass schéin. D'Motioun ass unanime ugehall. Merci.

An da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6704 iwwert den Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech gesinn, de Rapporteur, deen ass scho prett. Den Här Claude Haagen huet d'Wuert.

3. 6704A - Projet de loi portant modification de l'article 108 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President.

(Concertation interne)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Aah! Den Här Rapporteur seet mer, et wär de Projet de loi 6704A. An do hunn ech gemengt: Aah!

► **Plusieurs voix**.- A, aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci fir d'Prezisioun. Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Et war komm, mä et war lues komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi 6704A geet aus dem Projet de loi 6704 ervir, dee mä bekannt ass als Omnibusgesetz. D'Omnibusgesetz gëtt mat der Nummer 6704 identifizéiert an ass de 16. Juli 2014 vum zoustännegen Minister vum der Fonction publique hei an der Chamber déposéiert ginn a gesäit eng ganz Rei vu Gesetzesännerunge vir, déi d'Simplification administrative, iwwert déi schonn hei vill diskutéiert gouf, an d'Realitéit ëmsetze soll.

Eng vun deene Modifikatiounen betrëfft d'Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal. An do besteet eng gewëssen Urgence, op déi ech elo direkt ze schwätze kommen. No der aktueller Gesetzgebung hunn d'Gemengen nach just bis den 8. August 2015 Zäit, fir hir PAGen ze iwwerschaffen. Mä déi allermeescht Gemenge wäerten net an der Lag sinn, dësen Délai ze respektéieren an anzehalen.

Well den integralen initiale Gesetzesprojet 6704 net méi ka virum Summer gestëmmt ginn, mir waarden nach op den Avis vum Statsrot, an d'Modifikatioun vum Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal awer esou schnell wéi méiglech muss a Kraaft trienden, huet den Innenminister, deen och fir d'Fonction publique zoustänneg ass an dësem Fall, proposéiert, fir déi concernéiert Artikelen, déi de PAG vun de Gemenge betreffen, aus dem Omnibusgesetz erauszehuelen an do-rauser de Projet de loi 6704A ze maachen.

De Statsrot huet sech dëser Propos ugeschloss an eben dës Dispositiounen separat aviséiert. Déi concernéiert Chamberen, den OAI souwéi de Mouvement écologique, hunn zu dësem Projet de loi een Avis ofginn. De Projet de loi ass och an der Intérieurskommissioun diskutéiert an analyséiert ginn, an déi zoustänneg Fonction publiques-Kommissioun huet hir Aarbechten den 13. November vum leschte Joer ugefaangen.

Nodeems verschidden Amendementer vun der Regierung ausgeschafft si ginn, an de Statsrot säin Avis den 3. Abrëll vun dësem Joer ginn huet, huet déi zoustänneg Kommissioun sech dësem Avis ugehall an huet d'Propositioun vum Statsrot integral iwwerholl. De Rapport iwwert dëse Projet de loi ass den 13. Mee vun dësem Joer ugehall ginn.

Ze bemierke bleift, dass de Statsrot nach amgaangen ass, d'Omnibusgesetz - ech hunn dat scho gesot - ze aviséieren, ausser dem initialen Artikel 33 an engem neien Artikel 33bis, déi eben dëse Projet de loi betreffen.

Här President, den Zweck vun dësen zwee genannten Artikelen ass, fir den Artikel 108 vum Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain ëmzënnern. Dëse Projet de loi begräift och nëmmen déi zwee Artikelen, déi awer fir

d'Gemengen extrem wichteg sinn: den éischten Artikel, deen de Paragraf 1 vum Artikel 108 aus dem virgenannte Gesetz vum 19. Juli 2004 ännert, an een zweeten Artikel, deen den drëtte Paragraf vun deem Artikel vun deem Gesetz och ännert.

D'Hauptzil vun dësem Projet de loi ass, fir Deadline, fir d'Date limite vum 8. August 2015, déi d'Ännerung fir d'Iwwerschaffen an d'Upasse, d'Adoptiounen vun de PAGe fir d'Gemenge virschreift, fir eben dësen Datum ze verlängeren. Dësen Datum gëtt mat dësem Projet de loi op den 8. August 2018 verlängert. Déi allermeeschte Gemenge kënnen den Datum vum 8. August vun dësem Joer, vun 2015, net respektéieren. Vill Gemengen hunn awer och schonn an der Vergaangenheet eng Kéier vun der Geleehetheit profitéiert, fir den Délai op eben den Datum vum 8. August 2015 ëm zwee Joer verlängert ze kréien.

Et sinn awer och Gemengen, déi dës Verlängerung op den Datum vun hirer Deliberalisatioun vum Gemengerot baséiert hunn a wou elo d'Date limite éischter wéi den 8. August 2015 ass. D'Gemengen hunn also net allegueren dervu profitéiert, fir den Délai op déi zwee Joer mat der Deadline vum 8. August 2015 ze verlängeren. Dofir huet ebe misse schnell gehandelt ginn, well am Fall, wou den entsprechen den Délai net ka respektéiert ginn, ginn déi PAGe vun dëse concernéierte Gemenge ganz einfach caduc, also hifälleg, wat zu engem grouss Vide juridique ka féieren.

Fir an Zukunft net nach emol an déiselwecht Situatioun ze kommen oder ze riskéieren, an déiselwecht Situatioun ze kommen, ginn d'PAGen och nom Délai vum 8. August 2018 net méi einfach hifälleg, falls se bis dohinne net iwwerschafft gi sinn. Trotzdeem bleift awer e gewëssenen Drock fir d'Gemenge bestoen, fir hire PAG ze iwwerschaffen. D'Sanktioun wäert no dësem Datum doranner bestoen, net méi, datt déi PAGe caduc ginn, mä datt déi Gemengen, déi hire PAG net iwwerschafft hunn, keng Ernannerungen, keng Modifikatiounen vun de PAGe mä dierfe maachen, ausser der Reform natierlech vum neie PAG, an datt och keng Procédure vun engem PAP „nouveau quartier“ kann ugehall ginn.

Ze bemierken ass, datt momentan vun deenen 105 Gemengen hei zu Lëtzebuerg der ronn 15 ee PAG hunn, dee konform zum Gesetz vum 19. Juli 2004 ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Gemengen en neie PAG ausschaffen, da muss se dat och, esou wéi dat virgesinn ass am Gesetz vum Juli 2004, mat engem neie Bautereglement verbannen. Dat ass am Artikel 38 esou festgehalten. Am Moment ass awer och am Artikel 108 eng duebel Sanktioun virgesinn, fir déi Gemengen, déi net bis spéitstens den 8. August 2015 hire PAG an hirt Bautereglement iwwerschafft hunn. Net nëmmen de PAG géif dann hifälleg ginn, mä och dat aalt Bautereglement gëtt dee Moment caduc.

D'Bautereglementer, déi um Gesetz vum 1937, wa se dorobber zrëckginn, baséieren, wieren also net méi gültig. An dëst kéint opgrond vun der Verbindung PAG/Règlement sur les bâtisses, also Bautereglement, zu schwierige Situatiounen an de Gemenge fir aktuell oder future Besëtzer vun Immobilie féieren.

Am zweeten Artikel vun dësem Projet de loi proposéiere mir dofir deen Deel vun de Sanktiounen ze sträichen, deen d'Bautereglement begrëfft, also den drëtte Paragraf vum Artikel 108. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an un de Commentaire vun den Artikelen.

An der Hoffnung, de Gemengen domadder gehollef ze hunn, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir säi gudden schrëftleche Bericht an och säi mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

D'Fro, déi der Chamber haut gestallt gëtt, ass déi: Sidd Dir averstanen domat, dass d'Gemenge bis 2018 Zäit hunn, fir hire PAG vun der neier Generatioun ze hunn? Mécht eng Gemeng dat net bis den August 2018, da kann an där Gemeng keen net Lotissement méi genehmegt ginn. D'CSV, déi beäntwert dës Fro mat engem kloren Jo.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Déi politesch an och déi rechtlech Tragweid vun dësem Ge-

setzesprojet geet an eisen Aen awer vill méi wäit. Et geet ëm méi wéi eng Textännerung vun enger Iwwergangsbestëmmung vun eise Gesetz iwwert den Aménagement communal aus dem Joer 2004. D'CSV-Fraktioun, déi steet weiderhin zu der Orientierung vun dem kommunalen Aménagementsgesetz. Et erlaabt generell eng méi kohärent Gestaltung vun eise Gemengen an domat och vun eise Land.

Wann d'Zilsetzung vum Gesetz ouni Zweifel déi richteg ass, dann ass déi technesch Ausleeung vun deem Gesetz awer duerchaus Verbesserungsbedürftig. Et geet hei net - an ech soen et nach eng Kéier: net! -, ëm politesch Scholdzouweisungen. Jiddwereen, dës Regierung, déi fréier, dës Chamber, déi fréier, an d'Administratioun, ce sont les ministres qui passent et l'administration reste, muss sech mat där eegener Nues huelen.

Et geet blouss ëm faktuell Feststellungen. D'Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat ass zanter 2004 elo schonns fënnemol ëmgeännert. Dat hei ass déi sechste Kéier. Méi oft eigentlech wéi d'Aménagementsgesetz vun 1937 a bal 70 Joer.

(Coup de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Déi zweet Rei, wann ech gliff!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Den Délai, fir landeswäit PAGe vun der neier Generatioun ze hunn, ass vun 2010 op mëttlerweil 2018 verlängert ginn. An et dierft wuel, mengen ech ze soen, net déi leschte Verlängerung sinn. Dëst Gesetz, dat ass ee wichtige Pfeiler vun der Bautätegkeet an eise Land. Et gëtt vu bal allen Akteuren ëmmer nees regelméisseg ënnerstrach: der Regierung, der Chamber, dem Statsrot, de Berufskummeren, dem Syvicol stellvertretend fir all Gemengen, a villen anere méi.

An d'Baupräisser hei am Land sinn ze héich, well mir net schnell genuch neit Bauland kënnen erschléissen. Et ass och dofir utopesch ze mengen, eleng kënnen op fräi Baulücken zrëckzegräifen, well bei niddregen Zësen an enger staarker Nofro no Bauterrainen ass eng erschloss Baulück ee Spekulationsobjekt - Här Eischen! - mat Garantie op d'Zukunft an ouni Risiko. Mä d'Prozedur, fir neit Bauland ze erschléissen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Et war net den Här Eischen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).-ass nun eemol an dësem Mengenenaménagierungsgesetz festgeluecht. Duerfir geet et bei dësem Gesetzesprojet eigentlech ëm méi wéi eng einfach Verlängerung vun engem Délai. Et stellt sech d'Fro: Op en Neits eng Verlängerung vum Délai, firwat? Mä och d'Fro: Wat fir eng Konsequenz bréngt dës Verlängerung mat sech?

Éischtens, firwat iwwerhaupt eng Verlängerung vun dem Délai? Bis elo hu knapp 15% - 15%! - vun de Gemengen ee PAG vun der neier Generatioun. Et si vun der Awunnerziel hier och net onbedéngt déi gréisste Gemengen. Ursaach fir de Retard ass sécher eng feelend Kenntnis an och Onsécherheet vun de politeschen, den administrativen an och den techneschen Akteure bei der Ausleeung vun dësem Gesetz.

D'Gesetz ass komplizéiert geschriwwen. D'Rechtssécherheet gëtt doduerch awer net onbedéngt méi grouss.

D'Ausleeung vum Gesetz huet doduerch zu enger Hällewull vun Uerteeler vun dem Verwaltungsgericht gefouert. Jo, e Respekt vun der Gewaltentrennung! Mä och déi Justizdécisionen sinn, iwwert de Laf vun de Jore gekuckt, zum Deel ënner sech ganz konträktöresch, an dat mécht d'Saach sécherlech net méi einfach.

Ursaach ass sécher och ee Manktum u Koordinatioun a virun allem dem Zesummespill mat einzelne Gesetzestexten aus dem Ëmweltberäich. De Statsrot, iwwregens och déi fréier Regierung, jo souguer d'Chamber an dem Bericht iwwert déi sougenannte Réforme territoriale, hunn ëmmer nees fir e sougenannte Code de l'aménagement communal plädéiert. Ursaach ass sécher och een net ëmmer glécklecht partnerschaftlech Zesummeschaffen tëschent Stat a Gemengen.

Et huet een d'Impressioun, et géif do heiansdo méi ëm dat berühmte Aarmbéien ewéi ëm d'Saach goen. An dobäi sinn d'verfassungsrechtlech Rollen tëschent dem Stat an de Gemengen eigentlech zimlech kloer geregelt, an d'Verwaltungsgericht huet dat an x Uerteeler och ëmmer festgehalten.

D'Gemengen, ech soen nach eng Kéier, d'Gemenge si verfassungsrechtlech zoustänneg fir déi urbanistesche Gestaltung op hirem Territoire an deemno och fir déi politesche Opportunitéit. De Stat ass a senger Roll dat legaalt Kontrollorgan am Sënn vun dem generellen Interesse.

Dëst partnerschaftlech Zesummewirken tëschent dem Stat mat all sengen Institutionen

nen a Servicer an de Gemenge muss verbessert ginn. Et dierft kee Géinteneen, mä am Interesse vun der Saach muss et ee Mateneen sinn, an dat onofhängeg vun aller politescher Faarf vun den Akteuren.

Ursaach ass awer och eng feelend Koordinatioun tëschent de staatleche Servicer, déi an den Aménagement communal awierken. Et geet hei vun Innenministère bis iwwert den Ëmweltministère, der Gestion de l'eau a bis an d'Kultur.

Obwuel vill Efforte gemaach goufen, feelt et awer un der néideger Kohärenz. D'Retarden an der Prozedur hanken dann oft of vun ëmmer neien Exigenzen, sief et bei Etüden iwwert d'Waasserqualitéit, d'Fliedermais, de schwaarzen, de rouden Milan, der Servitude archéologique, de rare Planzen a Vulle bis zu den Naturschutzzonen an esou weider. All dëst mag sécherlech sënnvoll sinn, mä et ass mëttlerweil ee Prozedurdickecht ginn, wou - op gutt Lëtzebuergesch - „eng Kaz hir Jong net méi erëmfinnt“.

Ursaach fir eng Verlängerung vun den Délaien fir d'PAGe vun der neier Generatioun ass net zulescht awer och ee regelrechte Prozedurstau, zu deem et riskéiert, an nächster Zukunft ze féieren. Ronn 90 Gemengen - 90 Gemengen - müssen an deenen nächsten dräi Joer, dat si 36 Méint, nei PAGe maachen an dat, bei gegebenenfalls Recourse bei dem Verwaltungsgerecht, och nach op eenzelne Punkte reguläriséieren!

D'CSV-Fraktioun begréisst duerfir déi Moosnamen, déi am Omnibusgesetz virgesi sinn, fir d'Prozedur weider ze vereinfachen. D'CSV fuerdert doriwwer eraus, fir besonnesch am Ëmweltberäich méi prezis Regeln ze schafen, wat fir eng Etüden no wat fir enge Kritäre bannent wat fir engem Délai musse gemaach ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Och d'Verwaltungen müssen Délaien virgeschriwwen kréien, bannent deene si dës Etüden iwwerpräiwen. A sollt et zu Personalmangel kommen, jo, da muss opgestockt ginn.

D'Rechtssécherheet gëtt mat ëmmer neien Ufuerderungen an ouni kloer Rechtsinstrumenter net méi grouss. Recourse virum Gericht wäerten dann och ganz bestëmmt net ausbleiwen. An et soll ee sech kenger Illusioun präisginn: Een, deen opgrond vun enger Flidermaus-Etüd eng Servitude op säi potenzielle Bauterrain geluecht kritt, deen dierft, ënner Ernstänn, net ofgeneigt sinn, dësen Aschnëtt op säin Eigentumsrecht, well dorëms geet et, wuel gerichtlich präiwen ze loossen!

Zweetens, d'Fro vun de Konsequenzen vun der Verlängerung vun dem Délai fir e PAG vun der neier Generatioun. Ronn 90 Gemenge wäerten bannent deenen nächsten dräi Joer während Minimum 12 bis 14 Méint an enger Iwwergangsphas sinn. Si hunn da parallel hiren aktuelle PAG an een neie Projet vun engem PAG ze berücksichtegen. Während där Iwwergangszäit ginn d'Baugenehmigungen am Prinzip op deem ale PAG ausgestallt. Mä d'Genehmigung muss, an d'Gesetz gesäit dat am Artikel 21 kloer vir, parallel Bestëmmungen vun dem PAG vun der neier Prozedur aus respektéieren. An dat ass net ëmmer eng ganz einfach Saach, well d'Regelen tëschent deem alen an deem neie PAG stëmme ganz oft net iwwereneen.

Ech ginn lech e Beispill. An engem ale PAG steet dran, dass de Leit hir Diecher e sougenannte Schrägdaach missten hunn, mat enger maximaler Neigung vu 45°. Mä déi nei Bauarchitektur, an ech mengen, dat gesäit jiddwereen am Land, gesäit meeschtens sougenannte Retraiten op dem ieweschte Stack vir, mat engem Flaachdaach. An d'Konsequenz vun der Applikatioun vun deenen zwee PAGen, während där Iwwergangsphas, dréit net onbedéngt zur Rechtssécherheet bäi. Eng Rechtsunsécherheet an der Iwwergangsphas zu de PAGe vun der neier Generatioun biergt dann och de Risiko vun eventuelle Schuedenersatzkloen a sech.

Wann een dann nach a Betruucht zitt, dass de Buergermeeschter souguer ka penaltrechtlech haftbar gemaach ginn opgrond vun enger eventuell illegaler Baugenehmigung, déi hien ausstellt, wat iwwregens parteiwwergräifend als net glécklech empfongt gouf, souwuel an der leschter Innenkommissioun wéi och ënnert dëser neier Regierung, dann ass ee gemeinsamen Effort verlaangt vu Stat a vu Gemengen, fir d'PAGe vun der neier Generatioun esou séier wéi méiglech an d'Dréchent ze bréngen.

Et sollt een an deem Kontext iwwerleeën, ob een net während der Ausarbechtungsprozedur vun engem neie PAG Baugenehmigung kéint ausstellen, déi entweder konform zu deem ale PAG sinn oder dem Projet vun deem neie PAG. Eng diesbezüglich Iwwergangsbe-